
# DEN NAUE FUEDEM

INFOBLAT VUN DER GEMEEN WORMER

N° 2
JULI 2021



▪WORMER ▪WORMERBERREG ▪OHN ▪ÉINEN ▪DRÄIBUER ▪KAPENAKER ▪MEECHTEM

Foto: © Charel Keyser

GEMEEN WORMER

# DE FUEDEM NET VERLÉIEREN


EDITORIAL 1

Armand Becker 1

GEMEENEROT 2

De Bericht 2

MATDEELUNGEN 14

Gutt ze wëssen 14
Covid-19 18
Jugendhaus 19
Ernest Wurth 20
Aus de Kommissiounen 22
Studentesubsiden 23
20 Froen un den Armand Becker 24
Riesling Open 26
Elektroneschen Chip fir d'Poubellen 28
Centre de Recyclage Kundel 29
Schwammcours 30
Garderie Pimpampel 31
Leuchtpunkt Ahn 32
Sunset Cinema 36

NAUEGKEETEN 38

Aus der Gemeen 38
Vum Personal 39
Nationalfeierdag 40
Fräizäitoffer 44
Parking Cimetière 46
Casino Tuerm 48

KLIMAPAKT 50

Reform 2.0 50

KONTAKT 52

Nëtzlech Nummeren 52



**ARMAND BECKER**
GEMEENECONSEILLER | *CONSEILLER COMMUNAL*
DELEGÉIERTEN AM GAL LEADER MISELERLAND | *DÉLÉGUÉ DU GAL LEADER MISELERLAND*

# LÉIF MATBIERGER*INNEN,

et ass mir e Pleséier an diser Editioun vum Fuedem e puer Wuert un Iech ze riichten. Iech e grousse Merci, datt dir mer et duerch Äert Vertrauen erméiglecht, kënnen am Gemeenerot matzeschaffen.

Als President vun der Kultur- an der Tourismuskommissioun leie mir dës Theemae besonnesch um Häerz.

Dat kulturellt Liewen huet dat lescht Joar leider missen een Paus aleeën, duerch d'Pandemie. Éis kulturell Veräiner konnten net ewéi gewinnt hir flott Concerten spillen a séngen, et konnte keen Liesungen oder Ausstellungen ofgehale ginn. Mäi Respekt an e grousse Merci éise Veräiner, déi trotz diser schwéierer Situatioun duergehalen hunn. Lues a lues wäert och dat kulturellt Liewen nees erwächen. Mat dem Amenagement vum verwëllefte Keller ënner der Gemeen, gëtt et geschwënn een weider flott Plaz op där Ausstellungen a Liesunge kënnen organiséiert ginn.

Och wann éis traditionnel Wäifester d'lescht Joar net woaren, hunn awer vill Leit de Wee an éis Gemeen fonnt. Éis schéin Autopedestren an iser Geemeen, besonnesch d'Traumschleife am Pällembierg zu Ohn hunn d'lescht an och dis Joar scho vill Leit ugezunn. E grousse Merci all Deenen, déi sech fir den Tourismus an der Gemeen asetzen. An den nächste Jore wäert d'Gemeen och weider an den Tourismus investéieren. Éischt Projete sinn ugelaf, wéi de Bau vun enger Vakanzewunneng am Casinosturm zu Éinen, anerer sinn um Instanzewee, wéi d'Ëmgestaltung vum Puddel zu Éinen.

Ech hoffen, datt mer is geschwënn nees kënnen op eem flotte Concert, eener interessanter Ausstellung oder eem gesellege Wäifest begéinen an e Patt zesumme genéissen.

Bis dohi wënschen ech Iech nëmmen dat Bescht; bleift gesond!



## CHERS CONCITOYEN(NE)S,

*C'est un grand plaisir pour moi de pouvoir m'adresser à vous dans cette édition du Fuedem. Un grand merci à vous de m'avoir fait confiance lors des dernières élections communales.*

*En tant que président de la commission culturelle ainsi que celle du tourisme, ces deux thèmes me tiennent beaucoup à coeur.*

*La vie culturelle fut paralysée due à la pandémie durant toute l'année dernière. Nos associations culturelles n'ont pas pu jouer et chanter leurs concerts habituels, ni expositions ou lectures ont pu être organisées. Un grand merci et surtout beaucoup de respect à nos associations qui ont persévéré dans le contexte pandémique. Peu à peu la vie culturelle se réveille à nouveau. Grâce à l'aménagement de la cave voûtée de la maison communale, une nouvelle salle d'exposition et de réception verra bientôt le jour.*

*Malgré les annulations des fêtes vigneronnes traditionnelles, beaucoup de visiteurs ont visité notre commune. Surtout nos magnifiques auto-pedestres ainsi que la randonnée du Palmberg à Ahn ont attiré un grand nombre de randonneurs. Je souhaite remercier tous les acteurs qui s'engagent pour le tourisme dans notre commune. Au cours des prochaines années les responsables communaux continuent à investir dans l'offre touristique. Certains projets sont déjà dans la phase de réalisation comme la construction d'un gîte touristique dans la tour du Casino à Ehnen, d'autres vont suivre sous peu comme le réaménagement du Puddel à Ehnen.*

*J'espère que nous pourrons nous revoir bientôt lors d'un concert, d'une exposition ou d'une fête vigneronne.*

*Meilleures salutations et restez en bonne santé!*

# GEMEENEROTSSITZUNG

*vu méindes, dem 29. Mäerz 2021*

**Present:** De Buergermeeschter Mathis Ast ; d'Schäffe Max Hengel a Martine Schmit; d'Conseillere Claude Pundel, Martine Kohll, Armand Becker, Marc Beckius a Philippe Steffen; de Gemeenesekretär Jean-Jacques Hellers

**Entschëllegt:** De Conseiller Marc Kring

**Ufank vun der Sitzung:** 17.00 Auer

## ËFFENTLECH SITZUNG

### 1. Avis vun der Ministesch betreffend de rektifizéierte Budget 2020 an de Budget 2021

De Schäfferot setzt de Gemeenerot driwwer a Kenntnis, datt de Budgetsprojet deen an der Sitzung vum 21. Dezember 2020 gestëmmt gouf, vun der Madamm Inneministesch geneemegt ginn ass an de Ministère en esou ugeholl huet, wéi de Gemeenerot dat Enn des Joers festgehal huet.

### 2. Presentatioun vum "Plan Pluriannuel de financement" fir d'Joren 2022-2026

De Schäfferot presentéiert dem Gemeenerot d'Zuele vum "Plan pluriannuel de financement" (PPF) fir d'Period 2022-2026. Dëse Plang huet de Schäfferot zesumme mam Sekretär Jean-Jacques Hellers opgestallt.

De PPF ass en Instrument dat eis erméiglecht déi finanziell Situatioun vun der Gemeen an eng laangfristeg Perspektiv ze setzen. Hei gi Projete, déi sech iwwer déi kommend Jore strecken, iwwer e puer Exercicer duergestallt, wouduerch d'Fonctionnairen, d'Decideuren an och d'Bierger ee kloer strukturéierten Iwwerbléck kréien.

Sou sinn zum Beispill déi 13,2 Milliounen Euro déi den neie Gemeenenatelier kaschte wäert, op d'Joren 2021-2024 opgedeelt. Dëst ass zugläich eng Projektioun, wéi een hofft mam Projet virunzekommen.

### 3. Einnahmeerklärungen

De Gemeenerot huet d'Einnahmeerklärungen a Gesamthéicht vun 4.376.995,15 € geneemegt.

### 4. Ufro vun Zousazkreditter

8 x ☑

De Gemeenerot freet eng Rei Zousazkreditter un, déi net am ordinäre Budget 2020 virgesi waren. En Zousazkredit vun 48.000,00 € gëtt eestëmmeg an de Budget rectifié opgeholl. Dëse Montant stellt sech zesummen aus 18.000,00 € fir d'Bio-poubellen, 22.000,00 € fir d'Waasser vum SIDERE an 8.000,00 € fir d'Telefonsmaterial vun der Post. Dogéint kommen awer och 303.090,30 € weider am Impôt commercial a 532.104,66 € weider als Dotatioun vum Staat eran. Dës zousäzlech Recettë mat engem Total vun 835.194,96 € waren net budgetiséiert. Ënnert dem Stréch huet d'Gemeen méi am Rectifié Rescht wéi een dat Enn d'lescht Joer virgesinn hat.

### 5. Geneemegung vu Pacht- a Mietverträg

8 x ☑

De Gemeenerot geneemegt de Pachtvertrag tëscht der Gemeen (Bailleur) an dem Här Jean-Marc Schlink (Pächter). Dëse Vertrag ersetzt dee vum 22. August 2011 mam Här René Schlink a wierkt retroaktiv op den 1. Januar 2021. Fir de Wéngert hannert dem Schlinkenhaus am Lieu-Dit "Heiligenhäuschen" ass eng järlech Pacht vun 350,00 € ze bezuelen.

Mat der Geneemegung vum Gemeenerot verlount d'Gemeen een Appartement (+/- 110 m$^2$) an der Rue de l'Église zu Meechtem un den Här Carlos Alberto Alves Mendes an d'Madamm Da Silva Fernandes Paula Alexandre fir 950,00 € mat Chargen.

### 6. Konventioun fir d'Jugendhaus

8 x ☑

D'Jugendhaus gëllt als Treffpunkt a steet fir e gewëssenen Informationsaustausch a eng Animatioun vu Jugendlechen tëscht 12 an 26 Joer. De Gemeenerot geneemegt d'Konventioun fir 2021, déi vum Staat, de Gemeene Mäertert-Waasserbëlleg a Wormer an dem Roude Kräiz ënnerschriwwe ginn ass. Domat bedeelege sech d'Gemeenen um Salaire an un de Fonctionnementskäschten vum Jugendhaus Mäertert-Bëlleg/Wormer. Der Gemeen Wormer hir Part beleeft sech op 60.888,00 €.

### 7. Konventioun mam Office social

8 x ☑

De 26. Januar 2021 ass d'Konventioun iwwert d'Organisatioun an d'Finanzéierung vun den Aktivitéite vum gemeinsamen Office

social mat Sëtz zu Maacher vum Lëtzebuerger Staat, dem Office social an de 6 Membersgemeenen ënnerschriwwe ginn (Biwer, Fluessweiler, Maacher, Manternach, Mäertert a Wormer). D'Bezéiungen têschent dëse Parteie ginn domat gereegelt.

Déi geschaate Gesamtkäschte fir dat lafend Joer leie bei 717.496,59 €, wouvu 50% vum Familljen- an Integratiounsministère ofgedeckt ginn an déi aner 50% gi vun de Gemeene gedroen.

### 8. Verlängerung vun der LEADER-Period

8 x ☑

De Gemeenerot stëmmt fir d'Verlängerung vun der LEADER Period (1. Januar 2016 - 31. Dezember 2022), fir de Programm vum lokalen Aktiounsgrupp Miselerland ëmzesetzen. Et hofft een Ufank 2023 prett ze si fir déi nei LEADER Period anzeleeden.

### 9. Ordinär Subside fir 2021

8 x ☑

D'Subside fir d'Veräiner ginn nom selwechte Verdeelerschlëssel ausgeschott wéi dat Joer virun. D'Subside ginn an hirer Integralitéit zum Vott gestallt. Sou geneemegt de Gemeenerot déi ordinär Subside mat engem Gesamtmontant vun 67.330 €. Dovu gi 930,00 € un net lokaal Associatiounen.

## NET ËFFENTLECH SITZUNG

### 10. Schaffgezei - Primm

De Gemeenerot accordéiert dem Här Carlos CANAS, Fonctionnaire an der Karriär A2, an dem Här Jeff SCHNEIDER, Employé an der Karriär B1, eng järlech Indemnitéit vun 212,75 € fir hiert Schaffgezei. Dës Indemnitéit ass un de Verbraucherindex fir Gezei gebonnen. Zousäzlech dozou kréie si eng eemoleg Primm vun 141,83 €.

### 11. Upassung Punktwäert

Bei der Astellung vun eisem Responsabel vum Techneschen Déngscht war beim Punktwäert en administrative Feeler ënnerlaf, woufir him elo den Ënnerscheed muss ausbezuelt ginn.

ENN VUN DER SITZUNG ■

| | |
|---|---|
| **Sportsveräiner** | |
| FC VINESCA EHNEN | 5.500,00 € |
| FC KOEPPCHEN WORMELDANGE | 18.000,00 € |
| BC MUSEL PIKES AHN REMICH STADTBREDIMUS | 6.000,00 € |
| DËSCH-TENNIS MEECHTEM 1967 ASBL | 4.500,00 € |
| SPORTS NAUTIQUES MOSELLANS EHNEN | 150,00 € |
| WORMER SPORTFËSCHERVERÄIN ASBL | 400.00 € |
| MISELER CARREAU (PÉTANQUE-CLUB) | 300,00 € |
| **Muséksveräiner** | |
| CHORALE STE CÉCILE AHN | 300,00 € |
| CHORALE STE-CÉCILE MACHTUM | 1.100,00 € |
| CHORALE GRAND-DUCALE STE CÉCILE WORMELDANGE | 4.000,00 € |
| CHORALE ST PIE X EHNEN | 1.000,00 € |
| HARMONIE WORMELDANGE | 6.000,00 € |
| CHORALE STE CÉCILE EHNEN | 150,00 € |
| **aner Veräiner mat Aktivitéiten am Intérêt vun der Gemeen** | |
| 3ten ALTER RIESLINGSGEMEEN | 600,00 € |
| BRIIFKEEPERCHERSCLUB | 150,00 € |
| NATUR&ËMWELT WORMER | 500,00 € |
| MOTOFRËNN BIG NO(I)SE WORMER ASBL | 200,00 € |
| GESCHICHTSFRËNN VUN DER GEMEEN WORMER ASBL | 300,00 € |
| CLUB DES JEUNES EHNEN | 400,00 € |
| UNION DES JEUNES MACHTUM | 500,00 € |
| WORMER GUIDEN A SCOUTEN ST. JEAN-BAPTISTE | 1.000,00 € |
| ASSOCIATION DES PARENTS D'ÉLÈVES BILLEK | 250,00 € |
| UDP WORMELDANGE | 500,00 € |
| CONFRÉRIE DU PALMBERG | 150,00 € |
| CONFRERIE PALMBERG WEEKEND DU VIN | 800,00 € |
| ÉINER WËNZERDAG ASBL | 1.000,00 € |
| ÉINER WENZERDAAG FÊTE ANNUELLE | 1.500,00 € |
| ENTENTE DES SOCIÉTÉS MEECHTEM ASBL | 1.000,00 € |
| ENTENTE MACHTUM WÄINSCHMAACHEN | 1.500,00 € |
| ENTENTE WORMER | 250,00 € |
| AMICALE DES ENROLES DE FORCE | 200,00 € |
| DII WORMER ASBL | 300,00 € |
| KULTURVERÄIN WORMER ASBL | 250,00 € |
| AMICALE FRÄIWËLLEG POMPJEEËN MEECHTEM | 150,00 € |
| FRËNN VUN DE WORMER GUIDEN A SCOUTEN | 200,00 € |
| GOART AN HEEM ÉINEN | 300,00 € |
| WORMER POMPJEEËN ASBL | 1.000,00 € |
| JUGENDPOMPJEEËN | 1.000,00 € |
| SYNDICAT D'INITIATIVE ET DE TOURISME DE LA COMMUNE DE WORMELDANGE | 5.000,00 € |
| **TOTAL LOKAL ASSOCIATIOUNEN** | **66.400,00 €** |

# SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL

*lundi 29 mars 2021*

**Présents :** Le bourgmestre Mathis Ast ; les échevins Max Hengel et Martine Schmit ; les conseillers Claude Pundel, Martine Kohll, Armand Becker, Marc Beckius et Philippe Steffen ; le secrétaire Jean-Jacques Hellers

**Excusé:** Le conseiller Marc Kring

**Début de la séance :** 17.00 heures

## SÉANCE PUBLIQUE

### 1. Avis ministériel sur le projet de budget 2021

Le Collège échevinal informe le Conseil communal que le projet de budget pour l'exercice 2021 a été approuvé par la ministre compétente, tel que voté par le Conseil communal dans sa séance du 21 décembre 2020.

### 2. Présentation du plan pluriannuel de financement des années 2022 - 2026

Le Collège échevinal présente les chiffres issus du Plan pluriannuel de financement (PPF) qui couvre la période de 2022 - 2026. Ce plan a été établi par le Collège échevinal, avec l'appui du secrétaire Jean-Jacques Hellers.

Il s'agit d'un instrument pour représenter les projets se répercutant sur plusieurs exercices, tout en prenant compte des recettes et des dépenses prévisibles de la Commune. Ceci permet aux fonctionnaires, aux décideurs politiques, mais aussi aux citoyens de ne pas perdre de vue la situation financière de la Commune et sert à l'organisation de la Commune à moyen terme (5 ans).

Citons, à titre d'exemple, les 13,2 millions d'euros que coûtera la construction du nouvel atelier communal qui se répartissent sur les années 2021 - 2024. Le PPF constitue en même temps un moyen pour suivre l'avancement de tels projets.

### 3. Titres de recettes

Le Conseil communal approuve des déclarations de recettes d'un montant total de 4.376.995,15 €.

### 4. Demande de crédits supplémentaires

8 x ☑

Étant donné que certains frais n'ont pas été pas prévus dans le budget ordinaire de 2020, un crédit supplémentaire de 48.000,00 € doit être intégré dans le budget rectifié. Ce montant se compose de 18.000,00 € pour les poubelles organiques, 22.000,00 € pour l'eau du SIDERE et 8.000,00 € pour le matériel téléphonique de POST. Du côté des recettes, il y a une augmentation de 303.090,30 € en impôts commerciaux et de 532.104,66 € en dotations de l'État. Ces recettes supplémentaires d'un total de 835.194,96 € n'ont pas été budgétisées non plus. Les fonds dans le budget rectifié excédent ce qui a été prévu à la fin de l'année dernière.

### 5. Approbation de contrats de bail et de fermage

8 x ☑

Le Conseil communal approuve le contrat de fermage entre la Commune de Wormeldange (bailleur) et M. Jean-Marc Schlink (preneur du bail) remplaçant celui du 22 août 2011 avec M. René Schlink. Le preneur du bail versera un fermage annuel de 350,00 € pour l'exploitation du vignoble au lieu-dit "Heiligenhaischen".

En approuvant le contrat de bail avec Monsieur Carlos Alberto Alves Mendes et Madame Da Silva Fernandes Paula Alexandre, l'appartement de +/- 110 $m^2$ sis 9, rue de l'Eglise à Machtum est mis en location contre un loyer de 950,00 €.

### 6. Convention avec la Croix-Rouge - Maison des jeunes

8 x ☑

Le Conseil communal approuve la convention pour l'année 2021, conclue entre l'État, les Communes Mertert-Wasserbillig et Wormeldange et la Croix-Rouge. Les communes participent alors avec leur part (Wormeldange: 60.888,00 €) aux frais de personnel et aux frais de fonctionnement de la Maison des jeunes.

### 7. Office social - Convention 2021

8 x ☑

Le Conseil communal approuve la convention sur l'organisation et le financement des activités de l'Office social commun

conclue le 26 janvier 2021 entre l'État, l'Office social et les 6 communes membres (Biwer, Flaxweiler, Grevenmacher, Manternach, Mertert et Wormeldange). Les relations des parties au contrat sont ainsi réglées. Les coûts estimés s'élèvent à 717.496,59 € , dont 50% sont à charge du Ministère de la Famille et de l'Intégration et 50% seront assumés par les 6 communes membres.

### 7. Prolongation de la période LEADER

8 x ☑

Le Conseil communal vote en faveur de la prolongation de la période LEADER (1 janvier 2016 - 31 décembre 2022) pour la mise en œuvre du programme établi. On s'attend à entamer la nouvelle période LEADER au début de l'année 2023.

### 8. Subsides ordinaires 2021

8 x ☑

Le Conseil communal décide d'octroyer des subsides ordinaires selon la même clé de répartition que celle de l'année précédente.

## À HUIS CLOS

### 10. Indemnité d'habillement

Le Conseil communal alloue une indemnité d'habillement annuelle de 212,75 € (lié à l'indice des prix à la consommation « articles d'habillement proprement dits ») à Monsieur Carlos CANAS, fonctionnaire dans le groupe de traitement A2, et à Monsieur Jeff SCHNEIDER, employé dans le groupe de traitement B1. Une prime unique de 141,83 € est payée complémentairement à l'indemnité d'habillement.

### 11. Adaptation points indiciaires

Suite à une erreur administrative lors de la nomination de notre responsable du Service Technique au niveau des points indiciaires, la perte d'indemnité subie par le fonctionnaire doit être compensée.

FIN DE LA SÉANCE ■

| | |
|---|---|
| **clubs sportifs** | |
| FC VINESCA EHNEN | 5.500,00 € |
| FC KOEPPCHEN WORMELDANGE | 18.000,00 € |
| BC MUSEL PIKES AHN REMICH STADTBREDIMUS | 6.000,00 € |
| DËSCH-TENNIS MEECHTEM 1967 ASBL | 4.500,00 € |
| SPORTS NAUTIQUES MOSELLANS EHNEN | 150,00 € |
| WORMER SPORTFËSCHERVERÄIN ASBL | 400.00 € |
| MISELER CARREAU (PÉTANQUE-CLUB) | 300,00 € |
| **associations musicales** | |
| CHORALE STE CÉCILE AHN | 300,00 € |
| CHORALE STE-CÉCILE MACHTUM | 1.100,00 € |
| CHORALE GRAND-DUCALE STE CÉCILE WORMELDANGE | 4.000,00 € |
| CHORALE ST PIE X EHNEN | 1.000,00 € |
| HARMONIE WORMELDANGE | 6.000,00 € |
| CHORALE STE CÉCILE EHNEN | 150,00 € |
| **autres activités dans l'intérêt de la Commune de Wormeldange** | |
| 3ten ALTER RIESLINGSGEMEEN | 600,00 € |
| BRIIFKEEPERCHERSCLUB | 150,00 € |
| NATUR&ËMWELT WORMER | 500,00 € |
| MOTOFRËNN BIG NO(I)SE WORMER ASBL | 200,00 € |
| GESCHICHTSFRËNN VUN DER GEMEEN WORMER ASBL | 300,00 € |
| CLUB DES JEUNES EHNEN | 400,00 € |
| UNION DES JEUNES MACHTUM | 500,00 € |
| WORMER GUIDEN A SCOUTEN ST. JEAN-BAPTISTE | 1.000,00 € |
| ASSOCIATION DES PARENTS D'ÉLÈVES BILLEK | 250,00 € |
| UDP WORMELDANGE | 500,00 € |
| CONFRÉRIE DU PALMBERG | 150,00 € |
| CONFRERIE PALMBERG WEEKEND DU VIN | 800,00 € |
| ÉINER WËNZERDAG ASBL | 1.000,00 € |
| ÉINER WENZERDAAG FÊTE ANNUELLE | 1.500,00 € |
| ENTENTE DES SOCIÉTÉS MEECHTEM ASBL | 1.000,00 € |
| ENTENTE MACHTUM WÄINSCHMAACHEN | 1.500,00 € |
| ENTENTE WORMER | 250,00 € |
| AMICALE DES ENROLES DE FORCE | 200,00 € |
| DII WORMER ASBL | 300,00 € |
| KULTURVERÄIN WORMER ASBL | 250,00 € |
| AMICALE FRÄIWËLLEG POMPJEEËN MEECHTEM | 150,00 € |
| FRËNN VUN DE WORMER GUIDEN A SCOUTEN | 200,00 € |
| GOART AN HEEM ÉINEN | 300,00 € |
| WORMER POMPJEEËN ASBL | 1.000,00 € |
| JUGENDPOMPJEEËN | 1.000,00 € |
| SYNDICAT D'INITIATIVE ET DE TOURISME DE LA COMMUNE DE WORMELDANGE | 5.000,00 € |
| **TOTAL ASSOCIATIONS LOCALES** | **66.400,00 €** |

# GEMEENEROTSSITZUNG

*vu méindes, dem 10. Mee 2021*

**Present:** De Buergermeeschter Mathis Ast; d'Schäffe Max Hengel a Martine Schmit; d'Conseillere Claude Pundel, Marc Kring, Martine Kohll, Armand Becker, Marc Beckius a Philippe Steffen; de Gemengesekretär Jean-Jacques Hellers

**Ufank vun der Sitzung:** 17.00 Auer

## ËFFENTLECH SITZUNG

### 1. Restantenetat 2020

8 x ☑ (D'Conseillère Martine Kohll ass fir de Punkt 1 vum Ordre du Jour entschëllegt)

De Gemeenereceveur Robert GODART huet de Memberen aus dem Gemeenerot de Restantenetat vum ofgeschlossenen Exercice 2020 virgedroen. D'Réckstänn vun de Rechnunge chiffréiere sech op 30.034,32 €. De Gemeenerot approuvéiert eng Entlaaschtung an Héicht vu 4.135,62 €. De Solde vu 25.898,70 € muss nach agedriwwe ginn.

| | **Geneemegung vum Restantenetat** Approbation de l'État des restants Exercice 2020 | |
|---|---|---|
| | Service ordinaire | Service extraordinaire |
| **en reprises provisoires** Poursuite | 25.898,70 € | / |
| **en décharges** Entlaaschtung | 749,40 € | 3.386,22 € |
| **Total** Total | 26.648,10 € | 3.386,22 € |

### 2. Einnahmeerklärungen

De Gemeenerot huet d'Einnahmeerklärungen a Gesamthéicht vun 2.231.662,00 € geneemegt.

### 3. Geneemegung vu Pacht- a Mietverträg

9 x ☑

Wéinst der Iwwernam vum ale Spuerkeessgebai huet de Schäfferot d'Kontrakter mat de Locatairen nei opsetze gelooss. Béid Appartementer hunn eng Fläch vu +/- 136,7 m², eent dovun huet e Späicher. De Gemeenerot confirméiert déi zwee nei Mietverträg mam Här an der Madamm Mendes Pereira Fernando a mam Här an der Madamm Marques Americo. De Loyer mat de Chargë bleift dee selwechte wéi beim virrechte Propriétär (811,25 € a 902,00 €). Dat drëtt Appartement steet den Ament nach eidel, bis d'Eletrikeraarbechten ofgeschloss sinn.

De Gemeenerot geneemegt de Pachtvertrag mat der Firma Entrapaulus betreffend eng Parzell vu 17,97 Ar " op Tomm " déi d'Firma zukünfteg als Ofstellfläch fir hir Machinen a Gefierer benotzt. D'Pacht gëtt op de Mount bezuelt an ass 1.000,00 €.

### 4. Nominéierung vun engem Dateschutz-Delegéierten

9 x ☑

Och d'Gemeene musse sech no den Ufuerderunge vum neien europäeschen Dateschutzreglement (GDPR) riichten, dofir muss d'Gemeen een Dateschutz-Delegéierten, op Englesch "Data Protection officer", kuerz DPO, nennen.

Säi Rôle besteet dodran d'Gemeen Wormer GDPR-konform ze maachen. Des Weidere kontrolléiert den DPO, ob d'Servicer d'Reglement vum Dateschutz anhalen a kooperéiert mat der nationaler Dateschutzkommissoun (CNPD).

Op Virschlag vum Schäfferot decidéiert de Gemeenerot den Här Pascal WELTER als DPO ze nennen.

### 5. Konventioun 2021 - Club Senior " Muselheem "

9 x ☑

De Gemeenerot approuvéiert d'Konventioun "Club Senior" fir d'Joer 2021, déi den 10. Februar 2021 vum Staat, der Associatioun Doheem Versuergt an de Schäfferéit vu Määrtert, Fluessweiler a Wormer ënnerschriwwe ginn ass.

### 6. Avis betreffend de Plan National d'Organisation des Secours, kuerz PNOS

Nodeems d'Madamm Inneministesch den Nationale Sécherheetsplang PNOS an engem Webinar presentéiert huet an d'Conseillere d'Dokumentation dozou konnten duerchkuc-

ken, ass dem Gemeenerot säin Avis zum Plang fir d'Organisatioun vum Rettungswiesen dee follgenden:

- De Gemeenerot fuerdert d'Nobesserung vum Zesummespill tëscht dem Berufsstand an dem Volontariat. Nodeems ee scho Jorzéngte mam Fräiwëllegen-Déngscht funktionnéiert huet, gëtt de Fräiwëllegen hir Bereetschaft net deementsprechend ugerechent. Am Mateneen soll een den Ënnerscheed tëscht engem Beruffspompjee an engem fräiwellege Pompjee net erkennen dierfen.

- Sou wéi de Projet präsentéiert ginn ass, vermësst een d'Efforte a puncto Jugendaarbecht. Ëmmerhi sinn et déi jonk Leit déi d'Virubestoe vum Volontariat garantéieren, mee mat der Professionaliséierung vun de Strukture fäert een, et kéim zum d'Verschwanne vum Benevolat.

- Et gëtt ugekënnegt de First Responder ze reforméieren, wat e gudden Usaz ass, mee et geet net duer d'Reform just ze erwänen ouni déi grouss Linnen ze präsentéieren.

- Ouni déi territorial Reform vun den Zentere kinnt eng Interventiounszäit vu 15 Minutten op munche Plazen am Osten sech als schwéier erweisen. Mat ze berücksichtege wär idealerweis eng Neiverdeelung vun den Asazzenteren.

- D'Berechnung vun der Interventiounszäit (15 Minutten) geet aus engem Calcul vun Distanz a Vitesse ervir, mee se ass leider lassgeléisst vun all anere Faktore wéi zum Beispill dem Verkéier.

- De Gemeenerot kritiséiert d'Strikthеet vun den Decisioune a puncto Aarbechtsfäegkeet. Bei engem Manktum u Fräiwëllegen, muss een déi wéineg nach motivéiert Leit och anerwäerts wärend den Interventiounen asetze kënnen.

- D'Bedeelegung um Finanzement vum CGDIS geet fir all Gemeen ëm 8% an d'Luucht. De Gemeenerot ass allerdéngs der Meenung, datt déi Gemeene mat engem CIS III e bessere Service kënnen ubidden an dofir och e méi héige Beitrag misste bezuelen. Den finanziellen Aspekt ass deemno ee vun de Kritikpunkten.

### 7. Temporäert Verkéiersreglement " Rue de l'Église " a " Rue du Faubourg " zu Meechtem

D'Erneierung vun de Stroossen an hire Reseaue gëtt a Phasen duerchgefouert. De Gemeenerot confirméiert dem Schäfferot säin Drénglechkeetsreglement, wat dat besteeënd Reglement sou upasst, wéi et fir d'Ausféierung vum Chantier gebraucht gëtt.

### 8. Extraordinär Subsiden

Op Virschlag vum Schäfferot decidéiert de Gemeenerot der Amicale vum Groupe Cynotechnique Luxembourg eng finanziell Ënnerstëtzung vun 100,00 € ze accordéieren.

## NET ËFFENTLECH SITZUNG

### 9. Definitiv Nominatioun vun engem Gemeenebeamten

D'Gemeenegesetz gesäit d'Méiglechkeet vir, e Salarié deen op mannst 12 Joer am Privatsecteur geschafft huet, no engem Joer op der Gemeen automatesch ze fonctionariséieren. Dës Prozedur gouf fir den Här Carlos CANAS an d'Ae gefaasst, deen d'Gemeen vum 1. Juli 2020 un ënner dem Statut vum Fonctionnaire beschäftegt.

### 10. Festhale vum Punktwäert

Mat der definitiver Astellung vum Här Carlos CANAS als Fonctionnaire ass och säi Punktwäert festgehale ginn.

ENN VUN DER SITZUNG ■

## AVIS OFFICIEL

Il est porté à la connaissance du public que le Conseil communal de Wormeldange, par sa décision du 21 décembre 2020, point 3 de l'ordre du jour, **a approuvé le projet d'aménagement particulier portant sur des fonds sis à Ehnen, au lieu-dit « Route du Vin »,** commune de Wormeldange. Ladite délibération a été approuvée par la Ministre de l'Intérieur le 29 mars 2021, référence n°18805/4C.

# SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL

*lundi 10 mai 2021*

**Présents :** Le bourgmestre Mathis Ast ; les échevins Max Hengel et Martine Schmit ; les conseillers Claude Pundel, Marc Kring, Martine Kohll, Armand Becker, Marc Beckius et Philippe Steffen ; le secrétaire Jean-Jacques Hellers

**Début de la séance :** 17.00 heures

## SÉANCE PUBLIQUE

### 1. État des restants 2020

8 x ☑ (la conseillère Martine Kohll est excusée pour le point 1 de l'ordre du jour)

Le Receveur communal Robert GODART a présenté aux membres du Conseil communal l'état des recettes restant à recouvrer à la clôture de l'exercice 2020. Le montant total des recettes à recouvrer se chiffre à 30.034,32 €. Le Conseil communal décide de décharger un total de 4.135,62 € pour des sommes irrécouvrables et d'admettre un solde de 25.898,70 € en reprise provisoires.

| | **Geneemegung vum Restantenetat**<br>Approbation de l'État des restants<br>Exercice 2020 | |
|---|---|---|
| | Service ordinaire | Service extraordinaire |
| **en reprises provisoires**<br>Poursuite | 25.898,70 € | / |
| **en décharges**<br>Entlaaschtung | 749,40 € | 3.386,22 € |
| **Total**<br>Total | 26.648,10 € | 3.386,22 € |

### 2. Titres de recettes

Le Conseil communal approuve des déclarations de recettes d'un montant total de 2.231.662,00 €.

### 3. Approbation de contrats de bail et de fermage

9 x ☑

La reprise de l'ancien bâtiment de la «Spuerkeess» fait en sorte que de nouveaux contrats de location doivent être rédigés. Les deux appartements ont chacun une surface de +/- 136,7 m$^2$. Le Conseil communal confirme les deux nouveaux contrats de bail, dont un avec Monsieur et Madame Mendes Pereira Fernando et l'autre avec Monsieur et Madame Marques Americo. Le loyer reste le même que celui qui a été fixé par l'ancien propriétaire (811,25 € et 902,00 €). Le troisième appartement de l'immeuble restera inoccupé jusqu'à ce que les travaux d'électricien soient terminés.

Le Conseil communal approuve le contrat de fermage avec l'entreprise Entrapaulus concernant une parcelle de 17,97 ares au lieu-dit « op Tomm » que l'entreprise utilisera désormais en tant que surface de stockage pour machines et véhicules. Le fermage de 1.000,00 € sera payable mensuellement.

### 4. Nomination d'un délégué à la protection des données

9 x ☑

Les communes luxembourgeoises doivent elles aussi répondre aux exigences posées dans le cadre du règlement général sur la protection des données et nommer par conséquent un délégué à la protection des données.

Son rôle consiste à aider l'Administration communale à se conformer aux principes généraux de protection des données lors de tout traitement de données. Un rôle de contrôle particulier est confié au DPO afin de s'assurer que le règlement est respecté au sein des services communaux. Il coopère également avec la Commission Nationale pour la Protection des Données.

Sur proposition du Conseil échevinal, Monsieur Pascal WELTER a été nommé à ce poste.

### 5. Club Senior "Muselheem" - Convention 2021

9 x ☑

Le Conseil communal approuve la convention dite «Club Senior» pour l'année 2021, signée le 10 février 2021 entre l'État, l'association Doheem versuergt et les Collèges des Bourgmestre et Échevins des communes de Mertert-Wasserbillig, Flaxweiler et Wormeldange.

### 6. Avis concernant le Plan National d'Organisation des Secours

9 x ☑

Après avoir suivi le webinaire de Madame la Ministre de l'Intérieur sur le plan national d'organisation des secours (PNOS), les conseillers ont été invités à émettre leur avis sur ce plan.

· Le Conseil communal demande une interaction améliorée entre la profession et le bénévolat. Afin d'assurer une cohabitation harmonieuse entre volontaires et agents professionnels, ils ne devraient pas recevoir un traitement différent.

· On regrette de ne trouver aucune information sur la manière dont la politique envisagera d'encourager et de favoriser l'engagement des jeunes. Le Conseil craint que la professionnalisation croissante des structures menace le volontariat.

· Le projet mentionne la réforme du First Responder sans présenter ses grandes lignes.

· Sans réforme territoriale, l'intervention en moins de 15 minutes dans certains endroits à l'est du pays s'avère difficile. On devrait réfléchir à une nouvelle répartition des centres d'incendie.

· Le calcul portant sur le temps d'intervention de 15 minutes résulte des paramètres de vitesse et de distance, faisant ainsi abstraction des autres facteurs comme p.ex. le trafic.

· Le Conseil communal regrette la rigidité des examens d'aptitude, qui fait que certains pompiers volontaires motivés ne peuvent pas être engagés lors des interventions alors qu'ils sont tout à fait aptes à travailler et à remplir différentes autres missions lors des interventions.

· La contribution financière au CGDIS augmentera de 8% pour toutes les communes. Le Conseil communal préconise une nouvelle répartition du financement des services de secours, en faveur des petites communes. En argumentant que les communes disposant de CIS III peuvent offrir un meilleur service et devraient par conséquent payer une cotisation plus élevée. L'aspect financier est une des critiques formulées par le Conseil communal.

### 7. Règlement de circulation temporaire

9 x ☑

Le réaménagement de la voirie et des réseaux des « Rue du Faubourg » et « Rue de l'Église » à Machtum est mis en œuvre par phases. Le Conseil communal confirme le règlement de circulation temporaire d'urgence édicté par le Collège échevinal par lequel le règlement existant sera adapté aux besoins du chantier.

### 8. Subsides extraordinaires

9 x ☑

Sur proposition du Collège des Bourgmestre et Échevins, le Conseil communal décide d'accorder à l'Amicale du groupe Cynotechnique Luxembourg une aide financière d'une valeur de 100,00 €.

## À HUIS CLOS

### 9. Nomination définitive d'un fonctionnaire communal

La loi communale stipule qu'un salarié avec au moins 12 ans d'expérience dans le secteur privée, pourra être fonctionnarisé après une période d'une année. Cette procédure a été envisagée pour Monsieur Carlos CANAS, employé depuis le 1 juillet 2020 sous le statut du fonctionnaire communal.

### 10. Fixation des points indiciaires

Avec la nomination définitive de Monsieur Carlos CANAS en tant que fonctionnaire communal, il ne reste qu'à déterminer son classement.

FIN DE LA SÉANCE ■

# GEMEENEROTSSITZUNG

*vu mëttwochs, dem 7. Juli 2021*

**Present:** De Buergermeeschter Mathis Ast ; d'Schäffe Max Hengel a Martine Schmit; d'Conseillere Claude Pundel, Marc Kring, Martine Kohll, Armand Becker a Philippe Steffen; de Gemeenesekretär Jean-Jacques Hellers

**Entschëllegt:** De Conseiller Marc Beckius

**Ufank vun der Sitzung:** 17.30 Auer

## ËFFENTLECH SITZUNG

### 1. Avis betreffend de " Rapport de vérification " vun de Konten 2019

8 x ☑

Am Rapport vum 10. Mee 2021, deen am Kader vum Contrôle vun de Konte vum Exercice 2019 opgestallt ginn ass, huet den Inneministère e puer Observatioune gemaach:

- Wéi schonn dat Joer virdrun, kritiséiert de Service de Contrôle de la Comptabilité des Communes, datt d'Gemeen weider Betribs- an Ënnerhaltskäschte vun de Kierchegebaier iwwerholl huet. Dëst ass doduerch geschëlt, datt d'Konventioune mam Kierchefong eréischt Enn 2020 vu béide Parteien ënnerschriwwe gi sinn.

- Et ass opgefall, datt d'Gemeen de Waasserpräis nach net un d'Gesetz vum 19. Dezember 2008 ugepasst huet, mat deem ee verpflicht ass an där Matière käschtendeckend ze schaffen. Eng Saach, déi een deemnächst zu Wormer an d'Hand hält.

- Der Gemeen Wormer feelt bis dato eng Deliberatioun vum Gemeenerot déi d'Verdeele vu Personalkaddoe reegelt. Dëst Reglement gëtt ënnert engem spéidere Punkt vum Ordre du Jour offiziell adoptéiert.

- Bei de Schlussofrechnunge vun de Chantieren ass d'Gemeen hannendran. Dank der Opstockung vum Personal ass ee gudder Déng, dëse Retard opzehuelen.

### 2. Einnahmeerklärungen

De Gemeenerot huet d'Einnahmeerklärungen a Gesamthéicht vun 9.086,92 € geneemegt.

### 3. Festleeeë vun de Grond- a Gewerbesteiersäz 2022

8 x ☑

De Gemeenerot beschléisst d'Grond- a Gewerbesteiersäz fir d'Joer 2022 esou bäizebehale wéi déi Jore virdrun. Duerch déi aktuell Situatioun ass et net de Moment d'Steiersäz ze héijen. D'Grondsteier A a B bleiwe bei 300%, wärend d'Gewerbesteier bei 250% läit.

### 4. Rekonstruktion vun enger Wéngertsmauer am " Helligenhaischen " zu Wormer - Devis

8 x ☑

Virun engem Joer ass eng Stützmauer am Wéngertswee provisoresch mat Bëtonsbléck gestäipt ginn, well se sech no vir geneigt huet.

De Gemeenerot approuvéiert den Devis estimatif vun 105.652,76 € ouni Honorairë fir d'Mauer ofzerappen a nei opzebauen. De Programm vun der ASTA geet bis 150.000 €, op déi d'Gemeen eng Subventioun vun 30% kritt

### 5. Geneemegung vun Nottärsakten

8 x ☑

**Verkaf vun enger Sträif Terrain " Op Tomm " Wormerberreg**

De Verkafsakt vum 19. Mee 2021, duerch deen d'Gemeen eng Sträif Terrain um Wormerberreg un d'Gesellschaft Wormeldange-Haut S.A. oftrëtt a wou de Präis fir 1,04 Ar op 10.000 € festgeluecht gouf, ass vum Gemeenerot approuvéiert ginn.

### 6. Geneemegung vun Nottärakten

8 x ☑

**Gratis Oftriede vun engem Terrain " Rue de Beyren " um Kapenaker un d'Gemeen**

De Gemeenerot approuvéiert de Nottärsakt vum 16. Juni 2021 laut deem den Här an d'Madamm Marxen-Hildebrand e Stéck vun engem Meterkaree an der " Rue de Beyren " um Kapenaker " gratis un d'Gemeen oftrieden. Dohi kënnt e Luuchtepotto fir d'Stroossebeliichtung.

### 7. Konventioun Proximus Luxembourg S.A.

8 x ☑

Fir d'Emplacement vun enger Antenn fir Telekommunikatioun beim Kierfech zu Ohn, ass e Loyer vu 500,00 € d'Joer fälleg. De Mietvertrag tëschent dem Provider Proximus (Tango) an der Gemeen leeft den 1. August 2021 un a geet iwwert 10 Joer.

### 8. Reglement fir Personalkaddoen

8 x ☑

De Gemeenerot gëtt sech eng Richtlinn fir an Zukunft Personalkaddoen ze verdeelen. No 25 Déngschtjoer op der Gemeen kritt e Mataarbechter 1.250,00 €. Fir d'Pensioun verschenkt d'Gemeen 50,00 € pro Déngschtjoer.

### 9. Kontrakt Klimapakt 2.0

8 x ☑

De Klimapakt 1.0 ass um Enn vum Joer 2020 ausgelaf. De Gemeenerot approuvéiert de Kontrakt vum Klimapakt 2.0 dee vum Staat, My Energy an der Gemeen ënnerschriwwe gouf a réckwierkend op den 1. Januar 2021 gëllt. Sou engagéiert d'Gemeen sech mat hirem Klimateam bis 2030 weider un hire Klimaziler ze schaffen a gëtt dobäi finanziell vum Staat ënnerstëtzt.

### 10. Konventioun Valorlux asbl

8 x ☑

De Gemeenerot approuvéiert déi nei Konventioun mat der Valorlux asbl, déi de 16. Juni 2021 vum Schäfferot ënneschriwwe gouf an duerch déi d'Bierger vum 1. Juli 2021 un méi Fraktioune vu Verpakungsmüll an der bloer Tut sammelen an entsuerge kënnen.

### 11. Astellung vun engem zousätzlechen Educateur - Jugendhaus

8 x ☑

De Gemeenerot approuvéiert den ënnerschriwwene Kontrakt duerch deen d'Croix Rouge den Effectif vum Jugendhaus kann eropsetzen. Dësen zousätzleche Posten am Jugendhaus Wormer gëtt 2021 vun der Gemeen finanzéiert. Vum nächste Joer un gëtt e vum Ministère cofinanzéiert.

### 12. Motioun vum SIGRE betreffend dem Projet de loi 7659 zum neien Offallgesetz

8 x ☑

Eng europäesch Direktiv gesäit vir, datt vun 2035 uns just nach 10% vum Hausmüll op eng Deponie gefouert ka ginn, de Rescht muss an d'Verbrennungsanlag. D'Ëmsetzung an dat nationaalt Recht soll doriwwer eraus goen andeems d'Gemeene scho bis 2030 guer keen Offall méi dierfen alageren an alles verbrenne mussen. Fir de SIGRE giff dat d'Fermeture bedeiten a fir seng Memberen en enorme Käschtepunkt. De Gemeenerot huet dem SIGRE seng Motioun ugeholl. Si freet d'Madamm Ëmweltministesch déi schonn ambitiéis europäesch Direktiv ëmzesetzen an net mat den nationalen Ufuerderungen un d'Zilsetzung, déi si dem Land an hirem Projet de Loi gëtt, doriwwer eraus ze goen.

## NET ËFFENTLECH SITZUNG

### 8. Avancement an de Grad 12 vun engem Gemeenebeamten

16 Joer no hirer Ustellung kann d'Madamm Sarah Reuter, well si zousäzlech nach genuch Formatiounsstonne gemaach huet an deemno all d'Konditiounen erfëllt, an de Grad 12 vun hirer Karriär klammen. De Gemeenerot beschléisst hir dat ze accordéieren.

ENN VUN DER SITZUNG ■

# SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL

*mercredi 7 juillet 2021*

**Présents :** Le bourgmestre Mathis Ast ; les échevins Max Hengel et Martine Schmit ; les conseillers Claude Pundel, Marc Kring, Martine Kohll, Armand Becker et Philippe Steffen ; le secrétaire Jean-Jacques Hellers

**Excusé:** Le conseiller Marc Beckius

**Début de la séance :** 17.30 heures

## SÉANCE PUBLIQUE

### 1. Rapport de vérification des comptes 2019

8 x ☑

Dans son rapport du 10 mai 2021, établi suite à la vérification du compte administratif/compte de gestion de l'exercice 2019, le Service de Contrôle de la Comptabilité des Communes a présenté quelques objections.

- Le Contrôle met en question le fait que la Commune de Wormeldange a continué à prendre en charge les frais de fonctionnement et d'entretien des édifices religieux, tel que cela a déjà été constaté l'année dernière. En effet, les conventions avec le fonds de gestion des édifices religieux n'ont été signées qu'en novembre 2020.

- La Commune de Wormeldange n'a pas encore procédé au renouvellement des taxes et redevances en matière de l'eau. La loi du 19 décembre 2008 relative à l'eau oblige les communes à facturer l'eau au prix de revient. Un exercice qui sera prochainement réalisé à Wormeldange.

- La Commune de Wormeldange manque d'un règlement sur l'octroi de cadeaux pour le personnel communal, sujet abordé sous le point 8 de l'ordre du jour d'aujourd'hui.

- Les décomptes finaux, concernant les projets achevés, n'ont pas encore été dressés. Grâce à la hausse de l'effectif de l'administration, on est convaincu de pouvoir rattraper ce retard sous peu.

### 2. Titres de recettes

Le Conseil communal approuve des déclarations de recettes d'un montant total de 9.086,92 €.

### 3. Fixation du taux de l'impôt foncier et commercial

8 x ☑

Le Conseil communal décide de maintenir l'impôt foncier et l'impôt commercial pour l'exercice 2022 aux taux appliqués les années précédentes. Dû au contexte pandémique, il n'est absolument pas le moment d'augmenter les taux d'imposition. Les impôts fonciers A et B sont maintenus à 300%, tandis que le taux de l'impôt commercial s'élève à 250%.

### 4. Reconstruction d'un mur de soutènement au lieu-dit « Heiligenhaischen » à Wormeldange - Devis

8 x ☑

Il y a un an, un mur de soutènement a été stabilisé avec des blocs modulaires, inspirés du principe des briques de Lego.

Le Conseil communal approuve le devis estimatif de 105.652,76 € (hors honoraires) pour les travaux de démolition et la nouvelle construction. La subvention à percevoir de l'ASTA est de 30%.

### 5. Approbation d'actes notariés

8 x ☑

**Vente d'une bande de terrain « Op Tomm » Wormeldange-Haut**

L'acte de vente du 19 mai 2021, par lequel la Commune de Wormeldange cède à la société Wormeldange-haut S.A. une bande de terrain de 1,04 ares à Wormeldange-haut et dont le prix s'élève à 10.000 €, a été approuvé par le Conseil communal.

### 6. Approbation d'actes notariés

8 x ☑

**Cession gratuite d'un terrain « Rue de Beyren » au Kapenacker**

Le Conseil communal approuve l'acte notarié du 16 juin 2021 par lequel la Commune de Wormeldange bénéficie d'une cession gratuite d'un terrain d'une superficie d'un mètre carré par Monsieur et Madame Marxen-Hildebrand au lieu-dit « Rue de

Beyren » au Kapenacker où sera construit un lampadaire pour l'éclairage public.

### 7. Convention Proximus Luxembourg S.A.

8 x ☑

L'installation d'une antenne de télécommunications près du cimetière d'Ahn exige un loyer annuel de 500,00 €. Le bail entre l'opérateur télécom Proximus (Tango) et la Commune de Wormeldange prend cours le 1 août 2021 et est conclu pour une durée de 10 ans.

### 8. Octroi de cadeaux pour le personnel communal

8 x ☑

Il y a lieu de prendre une décision de principe au sujet des cadeaux pour le personnel communal. Le conseil communal décide unanimement de fixer le cadeau pour 25 ans de service à 1.250,00 € et celui du départ à la retraite à 50,00 € par année de service.

### 9. Contrat pacte climat 2.0

8 x ☑

Le pacte climat 1.0 est arrivé à échéance à la fin de l'année 2020. Le Conseil communal approuve le contrat pacte climat 2.0 conclu entre l'État, My Energy et la Commune de Wormeldange. Il entre en vigueur de façon rétroactive au 1er janvier 2021. La Commune s'engage à poursuivre ses objectifs climatiques tout en profitant d'un soutien financier étatique.

### 10. Convention Valorlux asbl

Le Conseil communal approuve la convention avec l'asbl Valorlux, signée le 16 juin 2021 par le Collège échevinal. Grâce à cette convention, les citoyens sont autorisés à jeter désormais plus de types d'emballage en plastique dans le sac bleu/vert.

### 11. Embauche d'un éducateur supplémentaire - Maison des Jeunes

Le Conseil communal approuve le contrat autorisant la Croix-Rouge d'accroître l'effectif du personnel de la Maison des Jeunes. Ce poste supplémentaire est financé par la Commune avec la possibilité d'un cofinancement de la part de l'État à partir de l'année prochaine.

### 12. Motion SIGRE concernant le projet de loi 7656 relatif aux déchets

Une directive européenne sur la mise en décharge dispose que d'ici 2035 la quantité de déchets municipaux à mettre en décharge sera limitée à 10%, le reste des ordures ménagères devra être transféré dans une installation d'incinération. Sa mise en œuvre dans le droit national va bien au-delà de la directive européenne, en interdisant toute mise en décharge de déchets municipaux au Luxembourg jusqu'au 1er janvier 2030. Ceci entraînerait la fermeture du SIGRE et un coût important pour ses communes membres. La motion invitant la Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable à procéder à une transposition fidèle du texte de la Directive européenne et de ne pas aller au-delà des délais et des taux de la Directive en ce qui concerne la mise en décharge de déchets municipaux au Luxembourg a été adoptée par le Conseil communal de Wormeldange.

## À HUIS CLOS

### 13. Avancement d'un fonctionnaire communal au grade 12

Après avoir suivi les formations nécessaires et ayant accompli 16 années de service, Madame Sarah Reuter bénéficie d'un avancement en grade 12.

FIN DE LA SÉANCE ■


VALORLUX ASBL BE THE CHANGE


## NEIHEET VUM 1. JULI 2021 UN


**Wichteg Neierung! Erweidert Sammlung vu recycléierbaren Emballagen** De Schäfferot huet eng nei Konventioun mat der Valorlux asbl ënnerschriwwen, duerch déi Dir vum 1. Juli 2021 un zousätzlech Fraktioune vu Verpakungsmüll an der bloer Tut kënnt sammelen an entsuergen an den Tri soumat vereinfacht gëtt. Niewent de plastiks Fläschen, Flaconen, Tuten a Folien kënnt Dir elo och Jughurtsbecheren, plastiks Deppercher a Barquetten an d'Valorlux Tut geheien.


Well mir an der Wormer Gemeen weiderhin fir Nohaltegkeet suerge wëllen ass déi blo Tut bei eis nach gréng, soulaang bis mer eise Stock u gréngen Tuten verbraucht hunn. Dir kënnt déi nei Fraktiounen awer schonn dodran entsuergen och wa mir déi gréng Tute nach verwäerten


Dënschdes moies ginn d'Säk ofgeholl, stellt Är Valorlux-Tuten also wgl eréischt den Virowend vun der Collecte eraus a maacht se mat engem feste Knuet richteg zou.




***L'asbl Valorlux a décidé de simplifier le tri des déchets d'emballage et accepte désormais plus de types d'emballage en plastique dans le sac bleu/vert.*** *En plus des bouteilles et flacons en plastique, des emballages métalliques et des cartons à boisson, des sacs et films en plastique, les résidents sont invités à y jeter pots, barquettes, gobelets.*

*Pour des raisons de développement durable, des sacs verts resteront en circulation jusqu'à épuisement du stock.*

# NEW

DANS VOTRE COMMUNE
In Ihrer Gemeinde
In your municipality

MATDEELUNGEN




## NOUVELLES CONSIGNES DE TRI
## NEUE SORTIERANLEITUNG · NEW SORTING INSTRUCTIONS



Bouteilles et flacons en plastique · Plastikflaschen und -flakons · Plastic bottles and containers



Emballages métalliques · Metallverpackungen · Metal packaging




Cartons à boisson · Getränkekartons
Beverage cartons

**NEW**



**Films et sacs en plastique · Plastikfolien und -tüten · Plastic films and bags**



**Pots, gobelets et barquettes en plastique · Plastiktöpfe, -becher und -schalen**
**Plastic pots, cups and trays**

famestudio.lu

MAX. 5L | VIDE · LEER · EMPTY

PAS DE PLASTIQUE NOIR
KEIN SCHWARZER KUNSTSTOFF
NO BLACK PLASTIC

VALORLUX ASBL — BE THE CHANGE

Disponible sur:
Verfügbar unter:
Available on:

www.valorlux.lu




# Kënnt d'Zukunft vun der Aquakultur a vum Uebst- a Geméisbau vu Meechtem?

eng Presentatioun vun de Grënner vum Fësch-Haff

**Mat engem Fëschverbrauch vu 34 kg/Joer pro Kapp ass Lëtzebuerg ee vun de Spëtzereider an Europa. Fir dëse Besoin ze decken, importéiert Lëtzebuerg iwwer 99% vum konsomméiertem Fësch.**

Dësen héijen Importbedarf spigelt sech och beim Uebst an Geméis zeréck: Lëtzebuerg ka momentan nëmmen 3% vum Eegebedarf decken. Nieft dem $CO_2$-Ofdrock, der Ongewëssheet wéi d'Liewensmëttel hiergestallt ginn, an der Ofhängegkeet vun aneren Natiounen, zemools an Zäite vun Ongewëssheet a Krisen, entsteet des weideren e Maartdefizit am Millioune-Beräich.



Säit 2019 beschäftege sech zwee Wëssenschaftler intensiv mat dëser Problematik. Den Daryl Fuchs an de Manuel Arrillaga mengen e Wee fonnt ze hunn fir déi Lëtzebuergesch Landwirtschaft ze diversifizéieren an nohalteg ze stäerken. Si hunn dëse Mäerz d'Fësch Haff SARL-S gegrënnt, mam Ziel eng nei landwirtschaftlech Method, d'Aquaponie, op Lëtzebuerg ze bréngen. De Begrëff Aquaponie ass zesummegestallt aus Aquakultur (Ziichte vu Fësch a Crustacéen) an Hydroponik (buedemlosen Ubau vun Uebst a Geméis).

Änlech ewéi mir et vum Dünge vun de Felder mam Piff an der traditionneller Landwirtschaft kennen, liwweren d'Fësch den natierleche flëssegen Dünger fir d'Planzen an der Aquaponie. Dobäi spillen d'Planzen eng droend Roll fir den gesamte System: duerch d'Wuerzele ginn d'Nitrater a weider Närstoffer aus dem Waasser erausgefiltert.

Anescht wei beim Düngen a Bewässere vu Geméisfelder wou d'Waasser an d'Nitrater kënnen an d'Grondwaasser geroden, gëtt d'Waasser an de Fësch-Haff-Systemer zeréck bei d'Fësch geleet. Esou entsteet en zouene Kreeslaf, wou kee Waasser verluer geet.

Doniewent ginn et nach eng Rei weider nennenswäert Virdeeler:

- e schnelle Planzenwuesstum
- nidderegen Energieverbrauch vir d'Fësch ze ziichten
- eng breet Planzenvielfalt
- an eng Produktioun dat ganz Joer iwwer.

Zudeem si souwuel d'Fësch an d'Planze komplett organesch: weder Antibiotika nach Pestizide kënnen dem System zougesat gi, well des entweder de Fësch oder de Planze schuede géif.

D'Zil vum Fësch Haff ass et aquaponech Farmen ze entwéckelen an se ze vermaarten. Déi éischt Prototyp Farme fir d'Produktioun vu Forellen, Séisswaasser Lobsteren, Zaloten, Kraider a Chilien lafe momentan schonn zu Meechtem.

## GET IN TOUCH

fir eng Visite guidée vun der éischter Prototyp Farm
5, Rue des Vignes Machtum | www.fesch-haff.lu |+352 691 865 475




# COVID-19 IMPF BUS

**Eise Covid-19 Impfbus bis op Muneref ass säit dem 25. Februar operationnel.**

26 Trajeten sinn an dem Sënn an der Phase 2 vun der nationaler Impfkampagne gebucht ginn.



# SCHNELL TEST ZENTER

**Säit dem 20. Mee 2021 kënnen d'Bierger aus der Gemeen Wormer, <u>op Rendez-vous</u> an d'Toussaintshaus e Schnelltest maache kommen.**

Dësen Déngscht ass vun eise Bierger gutt ugeholl ginn. Ronn 80 mol ass biswell vun dëser Offer profitéiert ginn.

**schnelltest@wormeldange.lu**




**CONTACT**
Jugendhaus Wormeldange
TÉL.: 621 338 125
andrea.hodri@croix-rouge.lu





# Mini-Tounstudio

Wat geschitt eigentlech mat dene villen Telefonskabinnen déi uechter d'Land stoungen? Wann d'Post keng Verwendung méi fir déi al Kabinnen huet, dann erfannen d'Leit nei, kreativ an alternativ Funktiounen dofir.

Den 8. Abrëll krut d'Jugendhaus Wormer eng Telefonskabinn vun der Post geliwwert, déi se an e Mini-Tounstudio ëmgebaut hunn a soumat de Jugendlechen d'Méiglechkeet bidden hir eege Sounds ze produzéieren. Ausrangéiert, gebotzt, d'Wänn mat Schaumgummi verkleed a mat Graffiti dekoréiert, krit d'Haischen elo als Muséksstudio een zweet Liewen.



120e ANNIVERSAIRE DE LA NAISSANCE D'ERNEST WURTH

# ERNEST WURTH

## 20/09/1901 - 24/11/1976

Ernest Würth est né le 20 septembre 1901 à Wormeldange. Artiste et dessinateur, il le fut dès son enfance passée à Dreiborn, et ses derniers dessins datent de 1976, l'année de sa mort. Il semble avoir été, d'après les archives connues, le premier peintre et sculpteur né dans le village. Si l'excellence de son vin assure la réputation de Wormeldange, hier comme aujourd'hui, l'œuvre de ses artistes permet aussi de porter le nom du village, et de le diffuser dans l'ensemble de notre pays. Ernest Würth fut une personnalité rare originaire de Wormeldange ayant connu une existence se situant hors des sentiers battus et néanmoins d'une envergure certaine. Pourtant la modestie extrême de ce peintre discret, la réserve naturelle de cet homme amoureux des traditions à lui léguées, les vignes, l'art, les vieilles maisons et ruelles, et la famille, ont fait que son souvenir a glissé dans l'oubli. Il a pourtant habité quelque 32 ans dans la commune: à Wormeldange, à Dreiborn et à nouveau à Wormeldange. Jusqu'en 1974, il a géré ses vignes, à partir du domaine familial d'Ehnen devenu entretemps le 'Musée du vin/Centre mosellan'.

Le 120e anniversaire de la naissance d'Ernest Wurth approche, et cet anniversaire pourra fournir l'occasion de penser à nouveau à lui, et à son œuvre. L'apposition d'une plaque commémorative sur la façade de la maison natale d'Ernest Wurth dans la montée de l'église de Wormeldange est d'ores et déjà prévue. Une exposition avec une sélection de ses peintures est en préparation et pourrait avoir lieu au printemps 2022, et elle serait accompagnée d'une publication. Enfin, une information avec le nom d'Ernest Würth sera fixée à la chapelle de la Koeppchen, dont le relief de St Donat fut créé par lui en 1924.




*MONTÉE DE L'ÉGLISE: 'D'KÖLLEFCHESHAUS' ET LA TOUR DE L'ÉGLISE, AQUARELLE SUR PAPIER, 43 X 62 CM, 1928*



L'ANCIENNE CHAPELLE DU 'WORMER BERREG': HUILE SUR CARTON, 60 X 50 CM, ANNÉES TRENTE.

Ernest Würth wurde am 20. September 1901 in Wormeldingen geboren. Künstler und Zeichner war er seit seiner Kindzeit in Dreiborn, und seine letzten Zeichnungen sind von 1976, dem Jahr seines Todes. Er scheint, laut den bekannten Archiven, der erste Maler und Bildhauer gewesen zu sein welcher in Wormeldingen geboren wurde. Die Qualität seines Weines gibt dem Dorf und der Gemeinde Wormeldingen eine grosse Bekanntheit, gestern wie heute, aber das Werk seiner Künstler erlaubt es auch den Namen des Dorfes weit ins Land hinaus zu tragen. Ernest Würth war eine selten herausragende Persönlichkeit : aus Wormeldingen stammend hat seine Lebensgeschichte ihn abseits der abgetretenen Pfade geführt, und wohl auch eine besondere Bedeutung erlangt. Aber die tiefe Bescheidenheit dieses diskreten Malers, die natürliche Reserve eines Mannes der verliebt war in die Traditionen welche ihm vererbt worden waren, die Weinreben, die Kunst, die alten Häuser und Mauern, und die Familie, haben die Erinnerung an ihn verblassen lassen. Obwohl er 32 Jahre in der Gemeinde gelebt hat: in Wormeldingen, in Dreiborn und dann wieder in Wormeldingen. Bis ins Jahr 1974 hat er seine Reben und seinen Wein von dem Ehnener Familiengut aus gepflegt, das seither zum Weinmuseum und Moselzentrum gediehen ist.

Sein 120. Geburtstag kommt näher, und dieser Geburtstag kann die Gelegenheit bieten wieder an ihn und an seine Kunst zu denken. Eine Gedenkplatte wird denn auch an die Hauswand seines Geburtshauses in der Strasse unterhalb der Kirche in Wormeldingen befestigt werden. Eine Austellung mit einer Auswahl seiner Werke ist in Planung und könnte wohl im Frühjahr 2022 stattfinden. Es wäre dies dann auch die Gelegenheit eine Broschüre/einen Katalog herauszugeben. Auch wird ein Informationsschild an der Kapelle der Koeppchen befestigt mit seinem Namen: das dortige Relief mit dem Bild des heiligen Donatus wurde 1924 von ihm gefertigt.



LA MOSELLE ENTRE EHNEN ET WORMELDANGE: HUILE SUR CARTON, 34 X 20 CM, DATE INCONNUE

# BAMSCHNËTTCOURS



## FIR SPALÉIERBEEM

Mat engem "à toutes boîtes" hunn d'Nohaltegkeetskommissioun an Natur&Ëmwelt op e Bamschnëttcours fir Spaléierbeem invitéiert.

De Cours ass vun engem Mataarbechter vun der Biologescher Statioun - Naturzenter SIAS ofgehale ginn.

20 Leit sinn dëser Invitatioun nokomm.



Den 10. Juli huet de Marc Thiel de Participantë gewise wéi een d'Uebstbeem am Gaart an am Bongert muss schneiden an ënnerhalen, datt se gesond wuessen a gutt Uebst droen.**Eng edukativ Aktivitéit fir eis Bierger.**

**Eng Initiativ vun der Nohaltegkeetskommissioun.**
Wann d'Äscht vun den Uebstbeem vollhänken awer een dat zeidegt Uebst net selwer plécke kann, da kann een se der Ëffentlechkeet mat engem Schëld an engem giele Markéierungsband fräiginn éier et verfault. Interesséiert Uebstbeembesëtzer kënnen hir Markéierung vum 23. August 2021 un op d'Gemeen siche kommen. **Gräift zou!**

# “GIELT BAND”

## GÉINT VERSCHWENDUNG

Op Beem mat gielem Band ass Uebst plécken erlaabt! Zerwéiert iech!!
*(Passt op d’Beem an op iech op! Dir iwwerhuelt selwer d’Verantwortung am Fall vun engem Accident)*

Les fruits des arbres marqués d’un ruban jaune peuvent être cueillis ! Servez-vous! *( Respectez les arbres. Le propriétaire décline toute responsabilité en cas de d’accident)*



Administration Communale
de Wormeldange

B.P. 7

L-5507 Wormeldange
www.wormeldange.lu

# Demande de prime pour élèves et étudiants/
## Année d'études 2020-2021

**Je soussigné/e** ____________________ ____________________
Nom Prénom

**Demeurant à** __________ ____________________
Numéro Rue

__________ ____________________
Code postal Localité

**Né/e le** ____________________ à ____________________
Date de naissance Lieu de naissance

**Fréquentant** ________________________________________
Nom de l'établissement scolaire

Données de contact ____________________ ____________________
Téléphone Adresse Mail

Compte bancaire ________________________________________
IBAN

________________________________________
BIC-Code

Titulaire du compte ____________________ ____________________
Nom Prénom

**sollicite une prime d'encouragement auprès du Collège échevinal de la Commune de Wormeldange pour ma réussite scolaire**

____________________ , le ____________________ 2021
(localité) (date)

____________________
(signature de l'étudiant ou du représentant légal)

## Remarques:

- La prime est allouée aux élèves respectivement aux étudiants ayant réussi avec succès l'année scolaire 2020-2021.
- Pour que la demande soit complète, des **pièces justificatives (diplôme, bulletin, attestation de réussite) doivent impérativement être jointes à la demande de subside**.
- Les demandes de subsides sont à adresser à l'Administration Communale de Wormeldange, soit par courrier, soit en remplissant le formulaire en ligne (avec Acrobat Reader)
- Le dernier délai pour soumettre une demande de subside est le **31. décembre 2021**
- Ce formulaire peut être téléchargé sur **www.wormeldange.lu**

RÉSERVÉ À L'ADMINISTRATION COMMUNALE

- ☐ 75 € (Lycée) (3/250/648330/99001)
- ☐ 50 € (École de musique) (3/836/648330/99001)
- ☐ 125 € (Université) (3/250/648330/99001)

demande accordée le par

# 20 Froen

## DEEN NET JUST POLITESCHEN INTERVIEW, MAM ARMAND BECKER



**Wien ass den Armand Becker?**

En Éiner Jong, 40 Joar, Historiker, schafft beim Zenter fir d'Lëtzebuerger Sprooch, net bestuet, wunnt zu Éinen

**Wann den Telefon schellt, hieft den Armand op mat:**

Hei ass Becker!

**Den Armand gouf dat selwecht Joer gebuer wéi**

den Ierfgroussherzog Guillaume

**Wien huet hien op de politesche Wee bruecht?**

Eigentlech war et de fréiere Borgermeeschter Jean Beining, dee mech schonn 2011 gefrot hat ob ech mech net wéilt op Gemeenenniveau engagéieren, zu deem Moment hunn ech aus berufflech Grënn refuséiert, mee den Interessi un der Politik am Allgemeenen a fir sech op Gemeenenniveau ze engagéieren war awer do an dofir hunn ech 2017 wéi ech vum Martine Schmit gefrot gi si fir mat an d'Walen ze goen direkt jo gesot.

**Ee gudde Buergermeeschter soll**

fir sein Matbierger*innen do sinn an net fäerten och emol méi däreg Dossieren unzepaken

**Wéi eng Dossiere leien dem Armand um Häerz?**

Natierlech den Tourismus an d'Kultur awer och d'Jugend

**Wormer, Wuermer oder Wuermeldeng?**

Ganz kloar Wormer

**Wat ënnerscheet den Armand vu senge Bridder?**

Ech si kulturinteresséiert, mein Bréider interesséiere sech fir de Sport. Mein Bréider si fervent Bayern-Fans, fir mech ka jiddweree wannen ausser den FCB.

**Wéi een vun den 3G's erfëllt den Armand den Ament?**

Vum 1. Juli u geimpft.

**De Reamenagement vum Puddel gesäit den Armand als**

Chance d'touristesch Offer an der Gemeen ze beräicheren an an engems een flott Plaz fir d'Leit aus der Gemeen ze schafen

**Tausendsassa duerch an duerch. Member vun 2 Kommissiounen, 5 Veräiner an 1 Vertriedung, wat hält déi Motivatioun oprecht?** Ech war vu Jonkem un an diverse Veräiner aktiv, als einfache Member, dono als Kommiteesmember oder bei de Scouten als Chef. Fir mech ass d'Veräinsliewen e wichtege Bestanddeel vum Duerf- a Gemeeneliewen, genee ewéi d'Engagement fir d'Allgemengheet eng Häerzenssaach fir mech ass.

**Kommen an de Veräiner nach Jonker no oder ass dat e Problem?**

Leider ass den Nowuess a ville Veräiner e Problem. Et gëtt och Ausnamen, méi déi si leider zimmlech rar.

**La La Land oder Jungle Book, wéi e Film giff den Armand interesséieren?**

Jungle Book; als Wëllefcherschef bei de Scouten, de logesche Choix.

**Wéi kënnt een als Historiker bei den LOD?**

Duerch e Vakanzenjob beim Kulturministère.

**Passionéiert vun der Sprooch, dem Armand säi Liblingswuert op Lëtzebuergesch ass ...**

Do ginn et der e puer: zweeeeëg (wéinst deene villen „e"en) de Schaarschtechbotzer an den Hellechtsmécher.

**De flottste Projet, deen den Armand huet missen op Lëtzebuergesch verbesseren:**

Zwee Artikelen aus dem „LUCI", enger Publikatioun vu Luxembourg for tourism, an engem goung et ëm jonk Wënzer*innen, ënner anerem och aus iser Gemeen.

**Scouten oder Massendénger?**

E puer Joer Béides. Bis de Lycée war ech an de Massendéiner. An de Scoute sinn ech schon iwwer 30 Joar: „Eemol Scout ëmmer Scout!"

**Den Armand geet scho jorelaang an d'Kierch, misst een déi moderniséieren?**

Op alle Fall. Virun allem missten d'Decideure méi op d'Basis




lauschteren amplaz, datt se stuer un deem verstëbsten Denke festhalen. D'Kierch muss probéieren an d'21. Joerhonnert ze kommen an net am 19. Joerhonnert stoenzebleiwen.

**Als Gruppechef bei de Scouten ass de Armand ee grousse Frënd vun ...** Aktivitéiten an der Natur, natierlech de Campen an allem wat dozou gehéiert, besonnesch dee gemittlechen Deel ronderëm d'Lagerfeier owes no den Aktivitéite mat der Chefekipp. D'Guiden an d'Scoute sinn eng Schoul fir d'Liewen an et gëtt jiddwereen esou acceptéiert wéi en ass.

**Appelléiert den Armand als Historiker och un den Erhalt vum Patrimoine an eisen Dierfer?**


Jo, den Erhalt vum Patrimoine ass wichteg. Wann ee wëllt virukommen an zukunftsorientéiert sinn, muss een och wësse wou een hierkënnt, an ouni d'Erhale vum Patrimoine an den Traditiounen ass dat net méiglech.

**STAY TUNED!**

WWW.RIESLINGOPEN.COM




RIESLING Open
17 - 19 september 2021
ÉINEN - WORMER - WORMERBERREG - OHN - MEECHTEM
20. Editioun



## Einführung eines Ident-Systems für Abfallbehälter

Entsprechend den Vorgaben des Abfallwirtschaftsgesetzes vom 21.03.2012 (Art. 17.3 u. 20.8) ist die Gemeinde verpflichtet ihre abfallwirtschaftlichen Dienstleistungen mittels entsprechender kommunaler Taxen in Rechnung stellen.

Diese sind nach dem Verursacher-Prinzip (oder PAYT-Prinzip – „Pay-as-you-throw") zu erheben und sie müssen alle anfallenden Kosten begreifen, d.h. die Investitionen für die Infrastrukturen und die laufenden Betriebskosten der Abfallentsorgung und -verwertung müssen in die Berechnung der kommunalen Taxen einfließen.

Um eine genaue und gerechte Erfassung der von den Bürgern bereit gestellten Abfallmengen zu ermöglichen, wird die Gemeinde in den kommenden Monaten die grauen Abfallbehälter (Mülltonnen und Container für Restabfall) mit einem elektronischen Chip ausstatten und eine entsprechende Software installieren. Die nach der Inbetriebnahme des Systems festgestellte Entleerungsfrequenz dient zusammen mit der Größe des Behälters zur Berechnung der gesamten abgefahrenen Menge. D.h. **die Bürger können selbst die Höhe der zu bezahlenden Gebühren positiv beeinflussen**! Über die genaue Vorgehensweise wird zu gegebenem Zeitpunkt noch im Detail informiert.

Im Anschluss an die Behälterausstattung mit dem Chip wird der Gemeinderat sich mit der gesetzeskonformen Anpassung der kommunalen Abfalltaxen auf Basis des neuen Systems befassen.

i

D'Offallgesetz vum 21. Mäerz 2012, schreift eis eng käschtendeckend Offallgestioun vir a fuerdert e Maximum un Offallvermeidung an Offalltrennung. Deemnächst stëmmt de Gemeenerot een neit Offallreglement an een neit Taxereglement vun de Poubellen. Mam Joer 2022 soll den neie System a Kraaft trieden. Am Virfeld gi Mikro-Chippen op den ale groen Dreckskëschten ugemaach. Iwwert eng Software gëtt esou d'Frequenz vum Eidelmaache korrekt erfaasst. Den Offall gëtt net gewie mee et gëtt registréiert wéi oft eng Poubelle eidelgemaach gëtt. Domat ginn d'Leit initiéiert ze recycléieren an Offall ze vermeiden an ofgehalen hiren Dreck blannemännerches an dee groen Drecksbac ze geheien. De System erméiglecht sou eng fair Entsuergungstax nom Prinzip vum "pollueur-payeur". D'Taxë mussen deemno ugepasst ginn. De Montant vun der Taxe gëtt vun der Zuel vun de Vidangen ofgeleet a net vum Gewiicht vum Offall.

## Introduction d'un système d'identification pour les récipients de déchets

Conformément aux dispositions de la loi du 21 mars 2012 relative à la gestion des déchets (art. 17.3 et 20.8), la commune est obligée à facturer pour ses prestations en matière de gestion des déchets des taxes communales afférentes.

Celles-ci sont à calculer d'après le principe pollueur-payeur (ou principe PAYT – „Pay-as-you-throw") et elles doivent comprendre tous les coûts générés, c.-à-d. les investissements pour les infrastructures et les frais courants d'exploitation de la gestion des déchets.

Pour permettre une saisine exacte et juste des quantités remises aux collectes par les citoyens, la commune équipera dans les mois à venir les poubelles et conteneurs gris (déchets ultimes) avec une puce électronique et installera le logiciel correspondant. Après la mise en service, le constat de la fréquence de sortie des poubelles servira ensemble avec leur volume au calcul du total des quantités enlevées. Ainsi, **les citoyens pourront influencer eux-mêmes de manière positive le niveau des taxes à payer** ! Des informations détaillées seront communiquées le moment venu.

Le conseil communal fixera par après dans le respect des dispositions légales de nouvelles taxes.




Deslescht gesi bei de Glas- a Kleedercontainere virum

# CENTRE RECYCLAGE KUNDEL





**Rezent hu mer ëfters dëser Verstéiss an eiser Gemeen konnte beobachten. Et sief drun erënnert datt et illegal ass säin Dreck op ëffentleche Plazen ofzelueden.** De Kundel ass fir d'Gemeen eng zimmlech käschtespilleg Léisung, déi iech et awer erlaabt Äre Knascht uerdnungsgemäss ze entsuergen. Eist Personal ass allerdéngs net dofir do den Effort an Ärer Plaz ze maachen. Wannechgelift e bësse Respekt!

Wann iech d'Ouvertureszäite vum Kundel net arrangéieren hutt dir nach ëmmer d'Méiglechkeet Ären Offall um Tipp vum SIGRE zu Fluessweiler am Muertendall ofzeginn.

***Récemment, nous avons malheureusement pu observer une augmentation des infractions de cette nature. Il y a lieu de rappeler que le dépôt de déchets sur la place publique est illégal!***
*Le centre de recyclage Kundel est une solution assez coûteuse pour la commune. Des coûts que nous supportons volontiers afin que vous puissiez vous débarrasser de vos déchets selon les règles. Cependant, la tâche de nos ouvriers ne consiste pas à faire l'effort à votre place. Nous vous invitons à faire preuve de respect et de vous abstenir de telles actions.*




Scho méi wéi 10 joer laang
ginn zu Dräibur an der
Schwämm Coursen ugebueden

Coach
Isabelle Klein

Kontakt
621 182 192
isa@swimandmore.lu

D'Covid-Pandemie hat de Kanner vill Schwammstonne gestrach, dofir ass et wichteg de Retard opzehuelen an an de Baseng ze sprangen

## SWIM & MORE

D'Trainerin Isabelle Klein kënnt scho säit 10 Joer op Dräibur an d'Schwämm Schwamm-coursen ofhalen a bréngt d'Leit uechter d'Land zesummen. Den Ament läit de Fokus op de Schwammcoursë fir d'Kanner. Fir dës Saison sinn d'Coursë scho voll besat, mee näischt schwätzt dogéint sech mat enger Pre-Inscriptioun op d'Waardeléscht fir de September ze schreiwen. Soubal eng Plaz fräi gëtt, ginn d'Elteren informéiert. Umeldung lafen iwwert de Site www.swimandmore.lu

## GARDERIE PIMPAMPEL

Säit 2018 ass de Pimpampel um Wormerberreg an empfänkt d'Kanner aus der Ëmgéigend. D'Konzept berout op der Waldorf-Pedagogik.

Fir d'Schouljoer 2021/2022 hu mir nach Plazen an eisem klenge Grupp fräi. Mir wäerten 1-2 Moienter pro Woch vun 8:30 bis 11:30 Auer op hunn. De genaue Planning leeë mir zesumme mat den Eltere fest.

Zënter den 1990er Joren

gëtt et zu Wormer e Spillgrupp fir Kanner vun 2-4 Joer

Garderie Pimpampel Wormeldange

19, Kräizgaass
L-5485 Wormerberreg

Bei Interessi a fir weider Informatiounen, schreift op

GARDERIE.PIMPAMPEL@GMAIL.COM





# 13 LEUCHTPUNKTE VU KOBLENZ BIS OP OHN




"NËMME WANN EEN D'NATUR VERSTEET, DA KANN EE SE OCH SCHÜTZEN AN ERHALEN."

- *Nobert Müller*, Dienststellen-leiter vum DLR Mosel

**Wander- a Naturfrënn opgepasst!**

Am Kader vun der Initiative Lebendige Moselweinberge ass den 2. Mee den éischte "Leuchtpunkt der Artenvielfalt" op der Lëtzebuergescher Muselsäit ageweit ginn. Vu Januar bis Juni 2021 huet et scho 2.836 Wanderer an de Pällembierg gelackelt an de Leuchtpunkt ass sécher een zousätzlechen Highlight deen nach méi Leit dohi verschléit. Dëse léisst sech wonnerbar mat der Traumschleife Palmberg Ahn kombinéieren. Fir dës Initiative ass et vill Luef an Unerkennung vum Tourismusminister ginn. De Leuchtpunkt huet iwwregens näischt mat engem Leuchtturm ze dinn. Eng Plackett weist op eng besonnesch héich Dichte u charakteristesche Liewensraim an Aarten hin & schaaft domat Bewosstsinn fir d'Eenzegaartegkeet vun eiser Natur.

Weider Informatiounen op

**LEBENDIGE-MOSELWEINBERGE.DE/
LEUCHTPUNKTE.HTML**
















## WÄISCHMAACHEN 2021

Ob Grond vum weidere Stand vun der COVID19 Pandemie huet d'Entente des Sociétés Meechtem zesumme mat den däitschen Nopere vu Nëttel decidéiert fir den däitsch-lëtzebuerger Wäinhappening vum 22. August 2021 op e Neits ze annuléieren.

Zesumme mat der Union des Jeunes Meechtem gouf och decidéiert fir all aner Evenementer an dësem Kader nees of ze soen. Deemno falen och de Vernissage vun der Konschtausstellung den 19. August an de Rock de Schleek vum 20. August 2021 aus.

Mir bieden ëm äre Versteesdemech an hoffen Iech d'nächst Joer de Weekend vum 21. August 2022 zu Meechtem an zu Nëttel begréissen ze kënnen.

Mat beschte Gréiss,

D'COMITÉEË VUN DER ENTENTE DES SOCIÉTÉS MEECHTEM AN DER UNION DES JEUNES MEECHTEM

KOMM BEI EIS A SPILL BASKET!!!

MUSEL PIKES



KOMM ZU UNS UND SPIEL BASKETBALL!!!
REJOINS-NOUS ET JOUE AU BASKET!!!

TRAININGSZÄITEN STINN OP WWW.PIKES.LU

email: info@pikes.lu

# VORGESCHRIEBENE AUSRÜSTUNG EINES FAHRRADS

# ÉQUIPEMENT OBLIGATOIRE D'UN VÉLO

WWW.POLICE.LU




1. Klingel
2. Bremsen
3. Weißes oder gelbes Licht vorne
4. Mindestens zwei Reflektoren pro Rad oder durchgehender reflektierender Streifen an den Reifen
5. Reflektoren an den Pedalen
6. Roter Rückstrahler
7. Rotes Rücklicht

1. Sonnette
2. Freins
3. Feu blanc ou jaune avant
4. Au moins deux réflecteurs par roue ou bande réfléchissante continue sur les pneus
5. Réflecteurs sur les pédales
6. Réflecteur arrière rouge
7. Feu arrière rouge

SÉCURITÉ ROUTIÈRE LUXEMBOURG

POLICE LËTZEBUERG




## Open Air Kino am Summer

**Groussaarteg Kuliss beim Muselufer, super Filmer ënnert fräiem Himmel, relax Ligestill, Decke fir déi deenen et kal gëtt … dat ass de Sunset Cinema 2021, eng nei Outdoorveranstaltung am Puddel zu Éinen**

Zesumme mat HAVE Films, eventlab a Visit Moselle organiséiere mir de **6. a 7. August 2021*** een Open Air Kino zu Éinen op der Wiss am Puddel!

Als klenge Kaddo, offréiere mir all Awunner aus der Gemeen, deen sech een Ticket hëlt, e Consommatiounsbong fir de Sunset Cinema 2021. Fir dësen ze erhalen, denkt wgl drun Är E-Mailen ze kontroléieren an dem ORT Äert Averständnis fir Är Donnéeën ze ginn.

De Start mécht de 6. August d'Neiverfilmung vum Disney sengem Dschungelbuch. De 7. August ass dann de Musical La La Land drun, deen 2017 mat 14 Oscar-Nominéierungen an d'Renne gaang ass.

Sidd dobäi bei der éischter Editioun vum Sunset Cinema am Puddel zu Éinen a séchert Iech Är Ticketen iwwert www.visitmoselle.lu

**06.08 DSCHUNGELBUCH**

**07.08 LA LA LAND**

** eisen éischten Datum misste mer opgrond vu schlechte Wiederverhältnisser verréckelen. Jiddereen dee bis dohi schonn een Ticket hat, kann dësen entweder bis d'Virstellung am August halen oder e Remboursement froen*

VISIT MOSELLE LUXEMBOURG



# 10 JOER ORT MUSEL

SÄIT 2011 SETZT DEN ORT MUSEL ALLES DRUN EIS SCHÉI MUSELREGIOUN ALS TOURISTESCH ATTRAKTIOUN ZE DEVELOPPÉIEREN AN ZE PROMOUVÉIEREN AN EISE PATRIMOINE A VALEUR ZE SETZEN.
D'GANZ EKIPP SEET ALL HIREN MEMBEREN EE GROUSSE MERCI FIR DI LAANGJÄREG ËNNERSTËTZUNG!

WWW.VISITMOSELLE.LU

# MIR FEIEREN

Dës Rubrik vum Naue Fuedem couvréiert d'Méint vun Abrëll bis Juli.



1 Mme Nelly Duhr feiert 90 Joer - 15. Abrëll 2021

© Norry Stoltz



2 Mme Rose Ries-Hoffmann feiert 90 Joer - 16. Juli 2021

© Norry Stoltz



3 D'Lëtzebuerger Studente vun Ooche feieren d'Arrivée vun hirem Staffellaf zu Wormer - 22. Mee 2021



4 Sankt-Donatus Mass op der Koeppchen - 4. Juli 2021

© Fernand Dax




**SIGI Newsletter.** Mir si frou, datt de Pascal Welter, dee säit dem 1. Januar 2021 bei eis schafft, als Persoun aus dem Métier mat an de kollaborative Prozess vun der Entwécklung vum neie Produit "Gestion des Ménages am SIGINOVA" vum SIGI, verwéckelt war. De Conseil technique vum SIGINOVA huet Informatiker mat den Agenten aus dem Domaine zesummebruecht, fir dem reelle Besoin an de Gemeene, wéi och de Gesetzer Rechnung ze droen. Dëst passt och eigentlech ganz gutt, vu datt de Pascal an der Gemeenerotssitzung vum Mäerz als Dateschutzdelegéierte genannt ginn ass. Zwee Sujeten déi mateneen enk verstréckt sinn.





**Gemeenen hëllefe Gemeenen.** Bei eis hat ee Chance. Déi Chance hunn verschidden Nopeschgemeene leider net gehat. D'Gemeen Rouspert-Mompech ass eng vun deene Gemeenen déi duerch d'Héichwaasser zu Schued komm sinn. Dofir ware Membere vum CIS Wormer Sonndes den 18. Juli de betraffenen Awunner op Rouspert bei den Opraum- a Botzaarbechten hëllefen. Méindes war et dou un eisen Aarbechter. Deen Dag drop ware si erneit am Asaz. Et bleift och haut nach ëmmer vill Aarbecht. Bitt och dir är Hëllef un. Mir wënschen de Betraffene Famillje weiderhi vill Courage!

**Pot d'adieu.** Den 21. Mee 2021 huet de Robert Godart mat eis op seng Pensioun geprost.



# 2021 NATIONAL-FEIERDAG

Léif Bierger aus der Wormer Gemeen
D'Luucht um Enn vum Corona-Tunnel gëtt ëmmer méi hell ! Mee mir sinn awer nach net grad sou wäit, datt mir kënne feieren, wéi mir dat bis virun 2 Joer gewinnt waren. An trotzdeem hu mer all Ursaach mat Optimismus an d'Zukunft ze kucken. Dat lescht Joer em dës Zäit ware mir am Deconfinement. Dono ass vill geschitt – mat Héichten an Déiften.

Léif Bierger,
Ech wëll déi grouss Solidaritéit vun all eise Bierger wärend de leschte Méint ënnersträichen. E ganz besonnesche Merci un Iech, déi mat enger grousser Disziplin dofir gesuergt huet, datt de Corona 19-Virus eis net iwwerrannt huet.
Mir denken haut awer besonnesch un all déi Leit, déi um oder mat dem Virus gestuerwen an erkrankt sinn. Ech wëll hinnen an hire Familljen hei eist Matleed an eis Solidaritéit verséscheren.
Grad ewéi ech deene Leit wëll Merci soen, déi dofir gesuergt hunn, datt eis Gesellschaft déi ganz Zäit iwwer weider funktionéiere konnt. Dat gëllt natierlech och fir alleguerten d'Leit an d'Servicer vun eiser Gemeen.

Léif Bierger,
Mir all hoffen, datt mer d'Lutte géint d'Pandemie dës Kéier packen. Mir sinn um gudde Wee. An dee Wee geet just iwwert massiv Impfen. Wee sech impfe léisst, dee schützt sech selwer a schützt déi aner. Esou soll et sinn! Mir sollten awer och no der Impfung déi essentiell Virsiichts-moossnamen net vergiessen.

Ech wëll iech elo schwätze vun deenen Aarbechten déi mir lo d'lescht Joer hei ronderëm d'Gemeng gemaach hunn.

Fir d'éischt erwänen ech hei de Parking wou 84 Park-plazen elo gläich eise Bierger zur Verfügung stinn a wat bestëmmt eis d'Liewen alleguerten e bësse méi einfach mécht.

Desweideren hutt der gesinn, datt virun der Gemeng geschafft gëtt an do gëtt den Accès fir de schéine verwëllefte Keller ënnert der Gemeng gemaach, deen an Zukunft soll genotzt gi fir Hochzäiten a fir Ausstellungen.

An der Gemeng um 1. Stack hu mer och 3 nei Raim ame-nagéiert fir datt eis nei Mataarbechter optimal schaffe kënnen.



De Videomessage fannt Dir op

**WORMELDANGE.LU/FR/PAGES/VIDEOMESSAGE.ASPX**



Op dëser Plaz hat ech Iech d'lescht Joer erzielt, datt eis giff een Audit am Klimapakt erwaarden a wou mir finalement mat 57,7% gutt zertifiéiert gi sinn. Dës Joer fänke mir elo mam Klimapakt 2.0 un, mat vollem Elan, a wou eis haaptsächlech Efforten dodra bestinn, datt mer zesumme mat der Gemeng Fluessweiler jo op dem gemeinsame Wandpark schaffen.

Een anere Pakt deen d'Gemeng dës Joer och ageet ass de Pacte Logement 2.0.

Net nëmmen hei zu Wormer ass geschafft ginn, mee och an deenen aneren Dierfer hu mer vill Projeten.

De Quai zu Éinen ass fäerdeggestallt a mir hoffen, datt d'Aarbechten um ganze Site Puddel fir deen ze erneieren an ze verschéinere bis Enn des Joers ulafe kënnen.

Apropos Puddel. De 9. An 10. Juli wäerte mir do fir Iech e Sunset Cinema organiséieren. Do krit der an de nächsten Deeg weider Informatiounen.

D'Aarbechte fir de Casinotour zu Éinen als Gite Touristique ëmzebauen déi sinn och endlech ugelaf a mir freeën eis drop, datt mer endlech an Zukunft iergendwann erëm Chambre d'Hôtes an der Gemeen wäerten hunn.
Wann der Iech frot wisou zu Éinen souvill Buedem ausgehuewe ginn ass op der Wiss, dat ass fir d'Chantiersinstallatioun vun der nächster Phase vun der Route du Vin hei zu Wuermer, inklusiv dem Uschloss un d'Kläranlag, Do wäert et an den nächste Méint leider e bëssen zu Problemer am Verkéier kommen. Mir bieden do ëm Verständnis.

Wat eis Sportinfrastrukturen ugeet sou hoffe mer datt d'Aarbechten um Wormer Fussballsterrain bis Enn des Jores kënnen ulafen a mir si frou datt trotz Corona Retarden d'Aarbechten an der Rue du Faubourg zu Meechtem endlech ugefaangen hunn.

A virun e puer Wochen hu mer dann och zu Ohn am Pällembierg de Leuchtpunkt ageweit. Dir gesitt mir sinn an all eisen Dierfer um Gaang fir Iech ze schaffen.

Léif Bierger,
Mir feiere haut a muer eist Land, eis Heemecht, eist Lëtzebuerg. Ma och eise Grand-Duc Henri an déi ganz groussherzoglech Famill.

Nationalfeierdag ass den Dag vun all de Leit,
déi hei wunnen, schaffen a liewen, déi sech mat Lëtzebuerg identifizéieren, déi dat Land an hirem Häerz droen, egal wou se op der Welt dru sinn.

Mir am Numm vum ganze Gemengerot wënschen iech alleguer e schéinen Nationalfeierdag. An der Hoffnung, datt mer dat anert Joer iwwert de Bierg sinn. An dann zesummen zu Meechtem kënne feieren.

Vive de Grand-Duc! Vive eis groussherzoglech Famill! Vive Lëtzebuerg a *VIVE D'GEMEEN WORMER.*












MAIRIE



**Impressioune vum Virowend**

De Schäffen- a Gemeenerot hat d'Gemeenepersonal an d'Vertrieder vun de Veräiner um Virowend vun Nationalfeierdag op den Te Deum zu Wormer an der Kierch invitéiert.













Spillplaz Rue Belle-Vue/Belair



Minigolf
Rue de la Cité





Multisport Terrain
Rue de la Cité

# FRÄIZÄIT OFFER



**D'Cité Léibësch huet sech an de leschte Joren zu enger beléifter Plaz fir Jonk an Al entwéckelt.**

Eng Spillplaz mat neie Spill-Geräter, e Multistade-Terrain an eng Mini-Golf-Plaz mat 6 Statioune bilden e komplette Fräizäit-Espace. Sief et fir Sport ze maachen, sech auszetoben oder sech auszerouen. Notzt de Summer fir eis Fräizäitoffer an der Cité Léibësch ze entdecken. De Code fir an de Schléierschaf op der Minigolf-Anlag ass 007.

# PARKING CIMETIÈRE

14. Mee 2020




14. Abrëll 2021




Säit Enn Mäerz ass de Parking an der Rue du Cimetière zu Wormer mat sengen 3 Plattformen a 27 Parkplazen offiziell fäerdeg. Éier et um ënneschten Deel zum Urban Gardening kënnt, gëtt d'Plaz fir d'éischt nach fir d'Chantier Installatioun fir de Projet vum Reamenagement vun der Route du Vin genotzt.


31. Mäerz 2021

# CASINO TUERM ÉINEN



Wouvu scho laang rieds ass, gëtt elo Wierklechkeet. De Gemeenerot wollt d'Renovéierungsaarbechte vum Casino-Tuerm zu Éinen net weider opschieben an huet och eng konkret Notzung vun dëser histerescher Bausubstanz envisagéiert. Touriste sollen d'Gebai an Zukunft erëm mat Liewe fëllen. D'Gebai ass e wichtege Bestanddeel vum kulturellen an historeschen Ierwe vum Duerf Éinen.

**E kuerzen Historique zu dësem Projet:**


2005 hat den deemolege Gemeenerot de Kafakt (220.000 €) fir de Casinotuerm guttgeheescht. Gläichzäiteg ass den Tuerm an der Casinogaass Nr. 8 als nationaalt Monument klasséiert ginn. Säitdeem steet d'Gebai eidel. Den Devis vu 661.415,00 € fir d'Renovéierungs- an Ëmbauaarbechten ass den 13. Februar 2019 vum jëtzege Gemeenerot approuvéiert ginn. Déi zougehéiereg Pläng sinn an där Optik entworf ginn, d'Renaissance-Gebai als Touristewunneng auszebauen an de Projet an dat touristescht Konzept fir Éinen ze integréieren. Dës Pläng komme vum Architektebüro *2001 territories, buildings, spaces & ideas.*

No der Renovéierung vum Gebai, kënnen Touristen d'Wunneng notze fir wärend enger Vakanz hei ze iwwernuechten. Hannenaus kënnen d'Gäscht och vun engem klenge Gaart profitéieren.

D'Aarbechten hunn Mëtt Mee ugefaangen an daueren nach viraussiichtlech bis Enn 2022.








# REVALORISATION "CASINOSTUERM"

La tour Casino fait partie des bâtiments les plus précieux d'Ehnen. En 2005, la Commune de Wormeldange en est devenue propriétaire. Peu après, l'immeuble a été classé comme monument national. Depuis lors, l'immeuble n'a plus été occupé.

En évaluant l'environnement, présentant un faible choix d'hôtels dans la région mosellane, les responsables ont proposé de convertir l'immeuble existant en logement touristique. Les plans ont été fournis par 2001 territories, buildings, space & ideas et intègrent le projet dans le concept touristique d'Ehnen.



# KLIMAPAKT 2.0

**De Klimapakt 1.0 ass den 31. Dezember 2020 ausgelaf. De Gesetzestext iwwert de Klimapakt 2.0 ass de 9. Juni 2021 eestëmmeg vun der Chamber ugeholl ginn an de 25. Juni vun der zoustänneger Ministesch fir Ëmwelt, Klima a nohalteg Entwécklung an dem Grand-Duc ënnerschriwwe ginn.**

Mat där neier juristescher Basis, kënnen d'Gemeenen no enger kuerzer Paus erëm weider un hire Klimaziler schaffen. Alles wat vu Januar bis Juni schonn erreecht ginn ass, produzéiert säin Effet retroaktiv op den 1. Januar 2021.

## LEKTIOUNEN AUS DER ÉISCHTER OPLO VUM KLIMAPAKT

Bei dësem neie Kontrakt tëscht dem Staat an der Gemeen, mat deem een sech engagéiert fir aktive Klimaschutz um kommunale Plang ze bedreiwen, setzt een op eng **verstäerkte Participatioun** vun de Bierger, de Veräiner an de lokalen Entreprisen. D'**Beroodung** gëtt däitlech erweidert an de Klimaberoder kann de Prozess deemno besser virundreiwen. Wéi schonn an der viregter Versioun steet hien der Gemeen beim Ausschaffen an der Realisatioun vun hirem Klimaplang mat sengem Know-How zur Säit. D'Besetzung vum Klimateam bleift hei an der Gemeen déi selwecht (politesch Vertrieder, Gemeeneverwaltung, Bevëlkerung). De **finanzielle Kader an d'Bewäertungsgrondlag** mam Mesurëkatalog goufen adaptéiert. Méi Ustrengungen um lokale Plang ginn zesumme mat enger méi héijer finanzieller Ënnerstëtzung vum Staat. Am 2.0 sinn d'Mesuren éischter quantitativer Natur. Et mussen allerdéngs an all Themeberäich Punkte gesammelt ginn. Fir eng gewësse Cyclicitéit ze assuréieren, mussen d'Auditte vun elo un all 3 Joer gemaach ginn. Och beim Zertifizéierungssystem gëtt et mat der Aféierung vun der Stuf 65% eng weider Ännerung. **Besser Instrumenter** erméiglechen der Gemeen zesumme mat hire Bierger a Betriber ëmwelt- a klimafrëndlech Entscheedungen ze treffen.

Eng nei Fuerderung, där d'Gemeen Wormer vu sech aus awer scho säit dem Ufank gerecht gëtt ass de **Klimaschäffen**. Fréi hat een hei zu Wormer gemierkt, datt d'Integratioun vun de Klimathemen an d'Gemeenepolitik besser geléngt wann e Schäfferotsmember am Klimateam aktiv ass. Sou suergt d'Gemeen Wormer scho säit 2015 fir eng tadellos Gouvernance. 1 x d'Joer kënnt de Beroder an de Gemengerot fir d'Aarbecht vum Klimateam ze presentéieren.

Generell gekuckt gëtt een sech mam Klimapakt 2.0 e bessere Kader fir ze schaffen. Mat thematesche Zertifizéierunge wéi zum Beispill der Kreeslafwirtschaft kann een extra Punkte sammelen.

## KLIMA- A NATURSCHUTZ

Niewent dem Klimapakt gëtt et och elo een Naturpakt dee mer zäitgläich uginn. Mat 9 anere Gemeene maache mir do eng Testphase mat. Méi dozou ziele mer iech an der nächster Editioun vum Naue Fuedem.

PacteClimat | EUROPEAN ENERGY AWARD
Ma commune s'engage pour le climat

## 01.01.2013

**Gebuert vum Klimapakt** - De Klimapakt ass deemools vum CSV-Ëmweltminister Marco Schank an d'Liewe geruff ginn. Virun der Summerpaus 2012 hat d'Chamber de Klimapakt gestëmmt a vum 1. Januar 2013 uns konnten d'Gemeenen hir Konventioune mam Staat ofschléissen.

## 2015

**Klimapakt-Membergemeen** - Am Juli 2013 si mir dem Klimapakt bäigetrueden

## 2015

**Basis-Zertifizéierung** - 2015 si mir eis Basis-Zertifizéierung ugaangen an hunn do bei der Punkteverdeelung mat 46,8% ofgeschnidden

## 2016

**Zertifikatiounslevel Sëlwer** - 2016 huet d'Gemeen eng Zertifizéierung gemaach an 52,4% vun de Punkten erreecht

## 2020

**Rezertifizéierung** - Den 1. Juli 2020 hu mir eis auditéiere gelooss. Dobäi ass eng Zertifikatioun vu 57,7 % erauskomm. An dem Beräich leien déi meeschte Gemeenen am Lëtzebuerger Land

## 2021

**Reform vum Klimapakt** - No enger zolitter Viraarbecht, baut de Klimapakt zu Wormer op 6 Joer Experience op an et kann elo weider geschafft ginn. Mat eisem Wandpark Projet si mir zouversiichtlech zimmlech séier weiderzekommen an déi zousätzlech Stuf vu 65% nom neie Mesurëkatalog bis **2030** sécher ze erreechen

# ADMINISTRATION COMMUNALE DE WORMELDANGE

ANNUAIRE ■ 95, rue Principale L-5480 Wormeldange ■76 00 31 - 1 ■ www.wormeldange.lu

| | |
|---|---|
| **Collège des Bourgmestre et Échevins** | Mathis AST<br>Max HENGEL<br>Martine SCHMIT |

| SECRÉTARIAT COMMUNAL | secretariat@wormeldange.lu | Téléfax 76 84 92 |
|---|---|---|
| Secrétaire communal | Jean-Jacques HELLERS | 76 00 31 - 1 |
| Secrétariat | Sarah REUTER | 76 00 31 - 300 |
| | Lynn KETTEL | 76 00 31 - 317 |
| | Steve NEISES | 76 00 31 - 307 |
| Communication et Relations Publiques | Lis STEINMETZ | 76 00 31 - 335 |

| BUREAU DE LA POPULATION | population@wormeldange.lu | Téléfax 76 84 92 |
|---|---|---|
| État Civil, Indigénat | Marie WALLERS | 76 00 31 - 301 |
| | Pascal WELTER | 76 00 31 - 309 |

| SERVICE TECHNIQUE | technique@wormeldange.lu | Téléfax 76 00 31 - 316 |
|---|---|---|
| Ingénieur technicien | Carlos CANAS | 76 00 31 - 306 |
| Technicien diplômé | David CAPALDINI | 76 00 31 - 314 |
| Technicien diplômé | Jeff SCHNEIDER | 76 00 31 - 355 |

| RECETTE COMMUNALE | recette@wormeldange.lu | |
|---|---|---|
| Receveur communal | Sébastien MAY | 76 00 31 - 303 |

| URGENCES TECHNIQUES | |
|---|---|
| Eau | 76 00 31 - 347 |
| Voirie | 76 00 31 - 342 |
| Bâtiment | 76 00 31 - 352 |

| AUTRES | |
|---|---|
| Centre forestier | 24 75 66 98 |
| Ecole fondamentale | 621 35 57 13 |
| Maison Relais | 76 06 03 - 300 |
| CIS Wormer | 49 771 - 47 96 |
| Police Wormer | 24 47 12 00 |

## - IMPRESSUM -

**DIRECTION DE LA PUBLICATION**
Collège Échevinal

**GRAPHISME ET PRODUCTION**
Lis Steinmetz

**PHOTOGRAPHIE**
Fernand Dax, Charel Keyser, Norry Stoltz, Carlo Rinnen, Service interne

**MISE EN PAGE**
Lis Steinmetz

**RÉDACTION**
Collège Échevinal, Armand Becker, Lis Steinmetz

**CORRECTION ET RELECTURE**
Collège Échevinal, Armand Becker

**IMPRESSION**
Imprimerie OSSA

**QUANTITÉ D'IMPRESSION**
1300 exemplaires

FSC
www.fsc.org
MIXTE
Papier issu de sources responsables
FSC® C008551

OS
PRINTED IN LUXEMBOURG

PERFORMANCE
myclimate
neutral
Imprimé
01-18-878020
myclimate.org

# SCHÉI VAKANZ

WORMELDANGE

*d'Rieslingsgemeen*

wormeldange.lu